

Bd. N° 6.

Kolter-Molter

En Dürchenâner-Steck a 5 Akten

vum Ejk

frei nôm Kotzebue (Der Wirrwarr).



Fir d'e'scht Môl gespillt an der Lies zu Letzeburg,
am Wanter 1918.

Dât Steck dâref nûre gespillt gin mat schriftelecher Erlâbnes
vum Verlâg P. Worré-Mertens.

Zwêt verbessert Oplô.

1930

Letzeburg — Drock a Verlag vum P. Worré-Mertens
J. P. Worré, Nôfolger.

De Kolter-Molter.

Zur zwäter Oplö.

Opgesôt bei enger Geleen hät
zu Letzeburg.

1.

Om Lantsemshaff ble'st spâsseg Loft,
Den Hopsa spillt onschölleg Sträch,
E Kand, wât liewenslang gehofft,
Krit dach um Enn seng Sâch an d'Wäch.
De Lantsem eng al Schlôfkap ass,
Seng Frâ huot Bischten op der Zong,
Hir Dûochter Le'ne' gôt nôt lass
De fâde Städter Pomâdsjong.

2.

Dât get än ällenen Dürchernên,
Eng wârech Kolter-Molterei.
Abè, zum Enn set kä me' nêñ,
Et gêt jô alles glât an d'Rei.
Nu se'f iech all elei gemeld,
Mîr sôen iech et rîchtes zo',
Wann dât Gekolters iech gefällt,
Si Lantsems an de' âner fro'.

3.

A wie nach net genoch huot krit
Dê spân seng Laun net läng op d'Folter,
A reiss sech aus dem Kapp dâ Sprass,
Soss gôt e selwer Kolter-Molter.
Mè wann à Kranken him ge'f d'Pro'i,
Dat hie gelâcht sech haut gesond,
Dann hätt, wien iech dâ Spâss hei scho'i,
Sei Lo'n den Owend völleg fond.


Ejk.

PERSO'NEN.

Den Lantsem, e Proprietär om Land.
 D'Madam Lantsem.
 D'Le'ne', hir Dûochter.
 De Fritz Hopsa, hire Neveu (de Lantsem ass sei Momper).
 De Majo'er Lantsem.
 D'Bebchen, seng Dûochter.
 Den Här van de Pomâd aus der Städ.
 D'Frâ Pangkucht, Haushältesch beim Lantsem.
 2 Gendâremen, Baüeren, e Gärtner.
 D'Steck spiltt a Lantsems hirem Haus, de' 5 Akten am selwechten Zemmer.
 De' 3 e'schter Akten spille nôenênen am Nômetteg; den 4. de selwechten Dâg owens; dè 5. den âneren Dâg mûorgens.

Arichtong vum Theater.

No 3. Hândir op de Gank.



I. Akt.

1. Scène.

(*De Lantsem, den Hopsa, de Pomade setzen op dem Kanapé a neipen, se sto'ssen am Schlöf emôl mat de Kepp zessummen. D'Madam, d'Bebchen (mat enger Ströck) an a'Le'ne' kommen geschiwen zu N° 3 erân.*)

D'Madam: Richteg, kukt emôl de' dreî, dô setzen se a schlôfen ewe' Ratzen.

Le'ne': D'ass wo'er, an et mengt en, et wär hinnen êscht. (*rißt dem Gärtner zu N° 3*) Jacques, breng emôl de' Gebâsskessel mam Re'erholz erop.

D'Madam: O mei Kand, wann dei Papp schle'ft, ass et em emmer êscht. We' e mech en mariage frôe kum, et wôr eso' hâlwer neng Auer ôwens, du wôr en eso' schle'freg, dat e fu Gâpsen bâl kè Wûort eraûs konnt bringen, an op onsen Hochzeitsdâg ass en iwert dem Nûochtfessen richteg entschlôf.

Le'ne': Wesst der, Mam, è bestûotene Man, dât gêt jo nach, âwer dat meng zwe'n Freiere schlôfen, dât ass dach e bös'ge stârek.

Madam: Zwe' Freieren? Wâs de net sès. Dât ass jô èn ze vill.

Le'ne': Oho! Et sin der nach bâl eng Dozen ze man. Un alle Fanger e Renk a jiderè vun engem ânere Freier, eso' mâñ si et haut an der Stât.

Madam: Nu gei mer uocht, Joffer Miamsell, du wëss, dat dengt Gleck der sét: Nemmen de Cousin Hopsa, a soss kën!

Le'ne': De Cousin, oder vleicht e'schter seng Honnert dausenden.

Madam: Et se'f dann, è Kand, ewe's du, verstèt dât net besser.

Le'ne': Dèn entwescht mer jô dach net. Sengem Papp sein Testament set jô, e misst sech mat mir, senger Cousine, bestüoden oder mer den dretten Dêl fu sengem Verme'ge vermâchen.

Madam: Richteg. Awer dât Ganzt ass me' ewe' den dretten Dêl. An dann ge'f och de' Momperei greilech Kappbrieches mâchen, a kurz a gut, et darf sech net me' läng gesaumt gin, ewell müor get de Cousin gro'ssjäreg. E wëss et wûol nach net, mir hun en hei am Haüs emmer am Glâf behâlen, e wèr e Jôer me' jonk. Awer op êmol kennt en et dach gewûor gin, et kennt èn Zo'fal et wellen, kurz a gut, du mechs virun, et ass kè Wârdes me'. Ech hätt le'wer, wann dè Schmantjekel dô (*weist op de Pomâd*) an der Stât wär.

Le'ne': Oho! Wât hât ech da vun dem graffe Cousin; den Här van de Pomâd hûot dach Mane'eren. Nujé, dem Cousin brengen ech der och nach bei (*Gärtner bringt de Gebässkessel.*) Elo ass de Kessel. (*Se stellt en hannert de' drei an ze't de Sträch.*) Dât get en Zâpesträch, dat d'Leit am Dûoref mengen et ge'fe Bomme geheit. (*Klappt drop, de' drei erwâchen.*)

Pomâd: Wât wôr dât elô?

Lantsem: Ass en Donnerwieder am Gâng?

Hopsa: En Erdbeben!

PZomâd: (*sprengt op*) O mille pardon.

Le'ne: Excuse mon brave!

Lantsem: (*geseit d'Madam*) Sit dir et, meng Dauf, hûot dir iech mam Gärtner zermault?

Madam: Al Schlöfkâp, hun ech eng Stemm ewe' e Gebässkessel?

Lantsem: Gebäss—kessel?? We' ên sech ire kann.

Madam: Dir írt iech nach, wann der eweli do't sit.

Le'ne': (*zum Pomade*) Kè Wonner, dat mei Papp eng Mettesrascht hält, hie schle'ft bâl emmer; ech hun och neischt derge'nt, wann de Cousin Hopsa entneipt, am

Schlöf sticht hie we'negstens keng Deiwlerien. Mais dîr, mon cher, den ech nemmen eleihinner op d'Land invite'ert hun fir dat e mer de' läng Zeit soll verdreiwen. . . .

Pomâd: Oh ech hun vun iech gedrêmt.

Le'ne': Dir sollt net nemme vu mer drêmen, dir sollt mer d'Zeit verdreiwen, mei flotte Cavalier.

Pomâd: Mais se'er gären, meng douce amie.

Le'ne': Dajé' eran, bei de Klave'er; mer sangen èn Dûo.
(*zum Hopsa*) Arwûor Coseng, klekt mer! (*rächt em d'Hand.*)

Hopsa: Well der mer de Mettech Moschert an d'Zopp gedun hûot.

Le'ne': Je, je, mir Fraleit mussen iech alles assaïonne'eren, a net emmer mat Zocker, dè schûod den Zân. (*Se get dem Pomad den Arem, de' zwè ab zur Dir N° 1.*)

2. Scène.

(D'Madam, de Lantsem, den Hopsa.)

Madam: Sôt emol, Thimothée, wûofir musst dir emmer schlôfen?

Lantsem: Sot emol meng Dauf, wûofir musst dir emmer wâckereg sin?

Madam: Dir get emol net wâckereg, wa jengster Dag d'Posaun gêt.

Lantsem: Eso' läng ewe' dir dô stit, braûch ech keng Posaun.

Madam: Abè, dât ass eng propper Ried. Sit fro' dat ech dô sin, soss geng jô hei alles tennescht an tiëwescht. Wann èn eso' kâl ass ewe' dir, dann . . .

Lantsem: Ech kâl, erennert iech dach, we' ech vir 40 Jôer freie ko'm.

Madam: Ha ha, et set èn et wire Plantzen, de' nemmen all 50 Jôer eng Ke'er ble'en.

Lantsem: Dir sit och aus der Blie', meng Dauf.

Hopsa: Awer d'Matant hûot en Eppelche gedrôen, dèn ass elô le'f zeideg . . .

Madam: An du solls e plecken, âle Schellem!

Hopsa: (lûos) Jo, awer en ass môss mûodebötzig!

3. Scène.

(De' Vireg, d'Fra Pangkuch durch N° 3.)

D'Fra Pangkuch: De Bauer fum Biereg ass dobaûssen.

Madam: Wât hätt hié gîeren?

Hopsa: E wärt e Kallef brengen.

Madam: Mais dât wär brâv.

Pangkuch: Ower nèn, e kemt sech bedanken, fir de' Ko'.

Madam: Eng Ko', ech versti net recht.

Hopsa: D'Fra Pangkuch sét eng Ko', fir ze weise we' schwe'er dât Kallef ass.

Pangkuch: Jongen Härchen, et kemt elô alles eraûs.

Hopsa: Nèn, meng le'f Frâ, et kemt erân, d'Kallef kemt erân an de Stall.

Pangkuch: Hâlt emol stell mat dem Kallef. De Bauer om Biereg hûot seng än zug Ko' verlûor, e wôr ausser sech, seng Frâ hûot sech wond gekrasch, du gong hei dè jongen Här owens am Lîcheschein mat èrem Knfecht dohin an helt dem Mân de' bäscht Ko' aus ärem Stall mat.

Madam: Awer Fritz, ech weil net hoffen . . .

Hopsa: Dat de' Frâ hei le'gt, nèn, Gott sei Dank.

Madam: Wât! Meng bäscht Ko', oh Himmel a mein Heiland net nach.

Hopsa: Er bäscht, mais net èr än zug, dem Bauer seng än zug awer wôr zu Grond gângan.

Madam: Oho, de' gôt en eröm eraûs.

Hopsa: Nèn, ech bezüolen se.

Madam: Et wor eso' eng sche'n ro't hollânnesch.

Hopsa: Ech bezüolen se an hollânnesche Gulden.

Madam: Se go'f all Dâg zwe'n Ämere Möllech.

Hopsa: Mei Gott, Matant, da bâcke mer op menger Ho'chzeit e pûor Kuche manner.

Madam: (gemitlech) Op denger Ho'chzeit? Mais du wellis jô net viru mâchen.

Hopsa: Oh dât kömt eso' op êmôl. Der hûolt et net enûocht, an dô ass et.

Madam: Ech wollt et unihûolen, a wanns de nun Escht möchs, Fritz, da verzeien ech der och dèn elei Strêch nach eng Ke'er, an ech gin elo dem Bauer sei Merci ofhûolen. Awer kurz a gutt, mîerk der et! Denk un onst Le'ne' an un dengem Papp sein Testament. (am Eraûsgöen zum Bebchen) Nun, Joffer Nièce, ass neischt me' Ne'deches ze mâchen ewe' eso' lidereg ze strecken? (Ab mat Frâ Pangkuch zur Dir N° 3.)

4. Scène.

(Hopsa, Bebchen, Lantsem, den erem om Kanapé entschlôf as.)

Bebchen: (keimt a gét bei den Desch a spullt Tâsen.)

Hopsa: (no enger Paus.) Kann da meng le'f Cousinchen neischt me' nôbeles mân ewe' Tâsen ze spullen?

Bebchen: Wo' kennt der eso' frôen, ech spullen se dach all Dâg.

Hopsa: Schlot der emôl e pûor kapott, da braûcht der keng me' ze spullen.

Bebchen: Jô, da kennt ech ower spûorstrêchs aus dem Haus läfen.

Hopsa: An dann, mei Kand? D'Welt ass gro'ss, an dir hätt et iwerall besser ewe' hei.

Bebchen: Dir hûot gut schwètzen, ère Papp hûot iéch e puor Honnert Dausend Frang vermächt, a mein hûot neischt ewe' eng hengereg klang Pensio'n. Ech stin hei am Gnôdebro't, bâl ewe' è Wêsekand.

Hopsa: A meng Matant salzt iéch dât Steck Bro'd zer-gutzterech. — Hûot der fleicht erem è Bre'fchen un äre Papp ze besuorgen?

Bebchen: Jô, elei ass än, wann der wollt eso' gut sin.
Hopsa: Gewöss, hier dermat (*en helt en*).

Bebchen: Hei sin 15 Sû fir de Käppchen.

Hopsa: Ech halen och! Wann der emôl è gute Parti
mächt hûot, da schecken ech meng Not am Ganzen. —
An dem Bre'f wèrte wûol erem elâuter Klôe stôen?

Bebchen: Oh jo!

Hopsa: Aremt Kand, èr jong Zeit ass net voller Ro'sen.

Bebchen: Awer och, Gott sei Dank, net voll Där. Et ass è
brave Mensch elei erömmert, dè mecht mer all Ament
eng hämelech Frâd, an e verre't sech net, ech kann em
emôl net merci sôen.

Hopsa: Wât der net sôt.

Bebchen: Och jô! denk iéch emôl, nach hent hûot e mer
firu meng Fenster e Kûoref mat zwe'n Kanarie ge-
hângen.

Hopsa: Mais dât ass e verwôten Klôterer, dê muss klamme
können ewe' en Af.

Bebchen: A bei dem Summerheisgen am Gârt, wo' ech
Sonndes eso' gäre setzen, hûot e mer Reseda geplanzt,
dèn ech fir mei Liéwen eso' le'f hun.

Hopsa: Dât ass jo nach ewâll sche'n.

Bebchen: Oh e mecht nach weider. Vir e pûor Deg kömt
eng Wittfrâchen aus der Nôperschâft bei mech a bedankt
sech fir en Dâler dèn ech er geschöckt hätt, an dèn er
an hirem Lât eso' gut kommt wèr.

Hopsa: Kuk elei, dann ass d'Cousine Bebchen dach net eso'
ârem we' se sech stellt.

Bebchen: Mâcht de Geck net mat mer, dîr wösst grât eso'
gut ewe' ech, dat ech kën Zantim hun. Hie wôr et, en hât
è Mantel un an en hûot der Frâ gesôt, ech hätt e ge-
schöckt.

Hopsa: Dèn ass net ganz.

Bebchen: Oho, e brâven, nôbele Mensch ass et.

Hopsa: Secher èn dè fro' mat iéch ass. Ass et net dem
Burgermèschter sei lânge Stodent, dè mecht och Gedichter.

Bebchen: O nän. Ech wëss, wién et ass, e stât net weit
vu mer.

Hopsa: Ech? O jemine! Ech soll mer Hals a Bân briéchen,
fir iéch e Kanari bei d'Fenster ze hänken, ech soll Reseda
planzen, dem sei Geroch ech net aüsstöe kann. A Geld,
en Dâler, oho, dir wösst, we' knaps mech d'Matant an
den Dubbelen hält, trotz mengen Honnertausenden;
jo, wann èn emôl gro'ssjèreg wär. Nêñ, Cousinchen,
dât ka nemmen è gewiéscht sin, dän an iéch verle'ft ass.
Der wärt dach net wölle glâwen

Bebchen: Hm, eso' e bös'gen vleicht schon.

Hopsa: Dir sit eso' ble'd.

Bebchen: Arem Leit dârfe net frâch sin.

Hopsa: Dir mâcht keng Toilett.

Bebchen: Fir Tâsen ze spullen?

Hopsa: Dir drôt keng falsch Höer.

Bebchen: Wann èn de Kapp voll senger êgener hûot.

Hopsa: Dir mîlt iech d'Gesicht net.

Bebchen: D'Mûorgessonn besûorgt dât.

Hopsa: Dir mâcht keng Gedichter.

Bebchen: Ech liésen der âwer, franzese'scher an deitscher,
an ech fanne mei Genoss drun.

Hopsa: Dir sit glât net kokett.

Bebchen: Hätt dir dât gären?

Hopsa: Dir hölleit sengerliewe net, denen Alen hei am Haus
eng Grenat ze'en, der mâcht emôl kêmôl de' âner erôf.

Bebchen: Cousin, wann dat èren Ierscht ass, da si mir net
me' gut zesûomen.

Hopsa: Si mir da gut matenâner?

Bebchen: Ech sin iéch ganz secher gut, vun Hierze gut. Dir
sit den änzeigen am Haus, dè mer neischt zu lâd dët; èr
Zenkerien mâche mer me' Frêd ewe' Verdross, ewell se
si net iwei gemänt.

Hopsa: An âwer wollt der mer göscht den Owend käng
Bëss gin.

Bebchen: Muss dât sin, fir dat der glâit, ech wèr iéch gut?

Hopsa: Ah, natirlech, keng Bès — net gut! Dir sit mir gut, also eng Bès!

Bebchen: Neischt dô.

Hopsa: Wann ech gelift!

Bebchen: Ewäch.

Hopsa: Oh dât gät net eso'.

Bebchen: Soll ech iech mat Spullwässer däfen?

Hopsa: Dât gesiche mir da gären. (*E gët op et duor, a wöllt et kössen, de Lantsem keimt eng Ke'er härt an dreit sech op de' âner Seit. D'Bebchen wiert sech mat der Tâss, de' fällt a brecht.*)

Bebchen: Oh Himmel, der Matant hir Tâss ass dûrech.

Hopsa: Kapott! Ha! ha, ha! Nulle fête sans verre cassé... Encore un carreau cassé . . .

Bebchen: D'ass är Schold!

Hopsa: Ech hâlen och, wién hûot sech eso' domm gewiert?

Bebchen: Wât fânke mer elô un? De' sche'n gelden Tâss fun der Schûoberfôer . . .

Hopsa: Wât wellt der mâchen, dô ass neischt ze vermöppelen, ech wôr et net.

Bebchen: Oh mei Gott, dât göt en Donnerwieder, et göt secher Strêch, ech gin agespârt, ech âremt Kand! (*et lauscht'ert*) Dô kömt d'Matant schon! Oh we'!

Hopsa: Ro'ech, dann hâlfelen ech nach eng Ke'er dem käppesche Medchen. (*E get dem Lantsem dât Steck mat der Heng an d'Hand a legt de' âner Schirbelen drener op de Bûodem.*)

Bebchen: Wât get dât elo?

Hopsa: Ro'ech! Dât get Frâd, nû kann de' Al kommen.

(*E rift an der Dir 3*): Matant, Matant, èr gölden Tâss ass kapott!

Bebchen: Cousin, sit der verrökt?

Hopsa: Matant, kommt, èr Tâss ass an honnert Stöcker.

Bebchen: Wât e Mensch.

5. Scène.

(De' vireg. D'Madam.)

Madam: (*kömt gedauscht*) Wât, de' sche' gölden Tâss, wo' we'. Wién?

Hopsa: Jô kukt dô. De Mononk wollt nach Kaffe' hun, d'Bebche schött em es eraus, hien drenkt, du entschle'ft en, a perdauf leit d'Tâss om Bûodem.

Madam: (*reselt de Lantsem*) Thimotée, Mann, âremse'lege Schle'fer!

Lantsem: (*reift sech d'Aen*) Meng Dauf?

Madam: Wât sin dât erem fir Dommhèten, de' der elei mâcht, Ongglecksfull?

Lantsem: Mei Gott, ech hu geschlôf, an am Schlôf möcht èn dach neischt Schlächtes.

Madam: Da kukt emôl, wât der an der Hand hûot.

Lantsem: Eng Schîrbel, wât hêscht dât.

Madam: Jô eng Schîrbel, an dô önné leien der nach. Ech wöllt, eir wërt och a Stöcker gefûor.

Lantsem: Abè meng Dauf, ech wëss fu neischt.

Madam: Kaffe' hûot der gedronk.

Lantsem: Kaffe', ah!

Madam: An du sit dir entschlôf.

Lantsem: Dât ka sin.

Madam: An du hûot der mer meng Tâss gebrach. 20 Jôer hun ech draus gedronk.

Lantsem: Der krit eng nei.

Madam: Et wôr en Souvenir vun dem jonge Mensch dèn emôl an der Vakanz hei gelo'nt hât, fir sein Examen ze schaffen.

Lantsem: Ah vun dém, mais dén hûot iéch jô nach âner Sâchen geschenkt

Madam: An du, topecht Steck, göss dem Schle'fer grât meng Tâss . . .

Bebchen: Majo, Matant . . .

Hopsa: Se wôr grât gespullt.

Bebchen: Jo, ech hât se grât gespultt.

Madam: Eraus elei an d'Kichen, du ongeschöckt Dengen!
Bebchen: (ab durch N° 3).

6. Scène.

(De' Vireg une' d'Bebchen.)

Lantsem: Ech wëss net, dat se sôen, ech hätt Kaffe' gedronk . . .

Madam: Der schlôft nach eso' lâng, bis der vergiessst, dat der bestûod sit.

Lantsem: (keimt) Oh nèn, meng Dauf, dât vergösst mer net.

Madam: A nu kurz a gut, stit op, dir hölleft elô emôl en èschte Wûort mam Fritz schwätzen.

Lantsem: Mam Fritz?

Madam: Mè natirlech, elô ass onst Le'ne' schon 4 Wochen aus der Städt eröm, an hie wollt nach emmer nöt viru mâchen.

Lantsem: Muss ech dann dobei sin, wann hîe viru mecht?

Madam: Hei den Här dröckt sech. Nu kurz a gut, elô ställt der en emôl zur Riéd, wûofir ass en net firu mecht.

Lantsem: Fritz, ech ställen dech zur Riéd.

Hopsa: Matant, der wösst, we' ech eso' ble'd sin..

Madam: D'ass áwer soss net grât dei Fehler. Abè kurz a gut, du wäss dat dengem Papp sein Testament sét, du miss dech mat onsem Le'ne' bestûoden.

Hopsa: Mei Gott, wivill Môl hûot der mer dât scho getrôtert.

Madam: Wanns de âneschter wells, da gät en Dröttel vun dengem Verme'gen fléten.

Hopsa: Gut, dât wäss ech.

Madam: D'Testement leit a mengem Tirang ûowenop.

Hopsa: (fir sech) Dât go'f besser gehut ewe' d'Médchen.

Madam: Du bass nun âl genoch, müor iwert e Jôhr göss de gro'ssjähreg.

Lantsem: Ech hât gemënt müor, mei Schätz?

Madam: Wann dir dat Mängen emôl ge'ft si lössen; wién muss dât besser wessen, dîr oder ech?

Lantsem: Oh dîr, meng Dauf, natirlech dîr.

Madam: (zum Hopsa) Dûofir ass et Zeit, dengem Papp sei Wöllen ze erföllen.

Hopsa: Dât kann dach net eso' Knall a Fall gesche'en. Et muss èn sech dach emôl kenne le'er'en.

Madam: Dât könnt der nach, wann der emôl bestûod sit.

Hopsa: Wât gët iech un, Matant, dât wèr jo d'verk'ert Welt.

Madam: Fritz, komm emôl hîer. Du stâlls der net vir, wât den E'hestand sche'n ass. Kuk, den E'hestand . . .

Lantsem: Ass è We'hestand (e kukt ge'nt Himmel).

Madam: Al Tôtz!

Lantsem: Dât ass eso' e Sprechwûort.

Madam: Elô hâlen de' Dommhêten op. Elô dut der dem Fritz aussernên, wât den Ehestand eppes sche'nes ass.

Lantsem: Ech? Meng Dauf.

Madam: Natirlech, an hell, wien ass dann den Här elei bannen.

Lantsem: Ech si net ferrem am Prêdegen.

Madam: Nun hepp! soss dut der mer an 3 Dêch kën A me' zo'.

Lantsem: (keimt) Olala, dantjé alt. Kuk Fritz, wann èn eso' den E'hestand richteg lûowe wellt (e gâpst).

Madam: Am bëschte vergleicht èn en mat engem sche'ne Fré'jôrsdâg, dè kën Enn krit.

Lantsem: Jo, eso' am Aprel —

Madam: Eng Frâ ass ewe' e Geschenk vum Himmel! De' Sche'nhêt, de' Douceur, de' Le'fhêt, kurz a gut, eng Frâ hûot . . .

Lantsem: Emmer dât läscht Wûort.

Madam: (Mat engem geftege Bleck op de Lantsem) Eng Frâ fe'ert dech durech d'Liéwen ewe' iwert Ro'sen, bis der Do't . . .

Lantsem: Dech erle'st.

Madam: Thimote'e, dir sit èkelech. Lauschter net op en, Fritz, en ass une' Gefill ewe' en Dachs am Léer; en ersteckt nach a sengem ègene Fett. (*Zum Lantsem:*) Allé hop, eraùs elei an de Gårt, dir sollt mer d'Henger eraùs dreiven.

Lantsem: Ass dât och eng vun de Se'ssegkèten vum E'hestand?

Madam: Dîr wösst jô, den Dokter hûot gesôt, dîr misst iéch Bewegonk gin, an d'Henger picke mer all de Sôm aùs de Karröen, allez hop, eraùs elei (*se ze't en vun dem Kanapé*). An du Fritz ïwerlè der d'Sâch, du wäss, d'Le'ne' ass der gut gesönnt, duofir mâch virun.

Lantsem: A fir d'Hochzeit kris de vu mir zwo' Dozen Henger.

Madam: A wât möcht en dann mat dênen?

Lantsem: Se hidien, fir iwert den E'hestand nôzedenkoen.

Madam: Nun awer eraùs elei, âl Pân. (*Se ze't en durch d'Dir N° 3.*)

7. Scène.

Hopsa: (eleng) Areme Mononk, du wërs der net vill zum E'hestand beschwätzen. (*Et he'ert èn Musek aus N° 1.*) Wât ass dât? (*E kukt durch d'Schlesselslach.*) Richteg, d'Le'ne' singt mam Pomâd, soll ech om Gebässkessel accompagne'eren?

8. Scène.

(*Hopsa, d'Bebchen.*)

Bebchen: (kommt zu N° 3 erân mat engem Kiereschchen, a legi d'Tâsen drâns.)

Hopsa: Oho, Beibchen, dât ass gerôden, dôbannen sangen se, solle mîr fleicht och e Steckelche reske'eren?

Bebchen: O Fritz, d'Matant hûot mer elô grât eröm ènt gesungen, dât schâlt mer nach an den O'eren.

Hopsa: D'Matant ass och de Comble vun de falschen Te'n. Awér elei (*e weist op sein Hierz*) ass alles a voller Harmonie.

Bebchen: Sôt ärer Braut dât.

Hopsa: Menger Braut? Donnerliéwech, wién soll dât da sin?

Bebchen: Wât èng Frô. Wién ânescht ewe' d'Cousine Le'ne'.

Hopsa: Falsch.

Bebchen: An den dritten Dêj vun èrem Verme'gen ass am Spill.

Hopsa: Dât ass nach net fir sei Gleck ze verkâfen. Ech si verle'ft, awér net an d'Le'ne'. Verle'ft sin ech, alles gât mer durchernâner, d'lèscht hun ech alt gemënt d'Matant wär eng Wandmillen.

Bebchen: Dât ass net gut gemâcht.

Hopsa: A wellt der dât Médchen gesin, an dât ech verle'ft sin?

Bebchen: Ech bedaueren et.

Hopsa: Et ass eng ârtelech Meis'gen.

Bebchen: Dât sêt jidfer Freier vun sengem.

Hopsa: Abbé, da kukt sälwer, ech weisen iéch d'Bild vun em.

Bebchen: Dô sin ech awér virwetzig.

Hopsa: Et voilà! (*en dre't et erem zum Spigel*) gut gerôden net, ewe' et leift a liéft. Ha, ha. (*E lëft ab durch N° 3.*)

Bebchen: Mängt e mech dônat? (*Et schle'gt d'Ae ne'er*).

O Himmel! Jo! e mängt mech. Ech glecklecht Kand! (*Ab mam Tâsekâref durch N° 3.*)

RIDO.



II. Akt.

1. Scène.

(Lantsem eleng.)

Lantsem: (ausser Otem, am Schwêss, mat e pûor Kartongs-köschten, an dênen Frâleitsgezei ass). Ff, Ff, ech sin do't! (e gêt zur Fôtell). Oh de' Henger, de' vermaledeit Henger. Ass dât eng Natio'n! Kaum wor ech se lass, du kömmt de Message' a pekt mer all dè Frâleitskrôm elei op. Ech hât ze schlëfen ewe' e Mauliésel, a wo' èn sech sälwer kaum geschlëft krit. Schwe'er sin de' Köschte net, nén, lîcht ewe' d'Frâleit och, âwer et miss ên Aremen hun ewe' Telegrafepe'l, Ff, Ff, (E le'st se fâlen). Wât mir um Botz leit, hètt ech meng Ro' (e fällt an d'Fôtell). Oh de' Henger, hätten se all nemmen èn Hals zesummen, da ge'i èn dän mat engem Gröff emdre'en. Dô ass zumôl eso' è gro'sse Cochinchines Hun, mat eso' greilech lange Bän, ôh dât ass än! Wann ech gemängt hun, ech hätt e vun den Ierbessen ewäch, jupp wôr en an de Bo'nen drun, an op êmôl so'tz en eso'gûor bei den Tomâten a bekukt mech a set: kuau, kuau! Ech kre'en en endlech zur Pârt eraus, a wât mängt der, dô wôr de Fritz dô, an dè le'sst mer en erem zur klänger Dir erân. — Oh de' Henger, ech jöen den Fiéschter fort, wann en nach êmôl en Hengerde'f ersche'sst . . . (E freckelt un der Fôtell). — De' Fôtell ass net ganz kamôt, d'hûot è keng Plätz fir de Kap. Et muss èn dach nô eso' enge Strabâzen ebës'ge rasten. Wär et net eso' weit, ech he'i mer e Kapkessen aus der Küomer . . . Ass da neischt me' nô? — Aha de' Köschten (en legt sech de' klenbst Köscht ennert de Kapp), o we' hârt, an dât richt nô Pâp. (E mecht se op an helt Banten an eng Hauf eraüs.)

Vleicht gêt et dômat bâsser. (E legt d'Sâchen ennert de Kap a freckelt, bis d'Hauf em op dem Kap setzt). Eso' gêt et, et ass bâsser ewe' neischt, engem Hongrechen ass geschwenn gekacht (en entschle'ft).

2. Scène.

(Madam. Lantsem.)

Madam: (zu N° 3 erân). Da lôss mer kuken, se sôen de Message' wär dôgewiéscht, (se geseit de Lantsem) O jömmen, wât ass dât, setzt dä mer meng nei Hauf fir Schlöfkâp op (se reselt en), Thimote'e, Man, wât häscht dât?

Lantsem: (get wâckereg) Wât ass dann erôm?

Madam: Wât ass, wât ass, o jömmen, ech baschte fun Eifer.

Lantsem: Ass dè gro'ssen Hun erôm an de Bo'nen?

Madam: Oh jô, hätt hien iéch d'Aen ausgekrâtz.

Lantsem: Ech mâche, wât ech kann, meng Dauf, âwer dem Hun mat de lange Bén kommen ech net nô.

Madam: (ausser Otem) A wât hûot dîr dô om Kap?

Lantsem: Op mengem Kap? (En holt d'Hauf a lâcht e bösjen.) Aha, jô d'ass wo'er.

Madam: Ass dât eng Schlöfkâp?

Lantsem: Nén, et ass en Hauf.

Madam: Eng Hauf, de' ech mer bestallt hât fir dem Le'ne' seng Verlobung.

Lantsem: Mais dô hûot der se, ech wèrt se net opdun.

Madam: Awer ech soll se opsetzen, wo' dir se eso' zerknauert hûot.

Lantsem: Mais wât soll da sin (en dreckt d'Hauf). Eso' eng Hauf krit erem Fassong, grâd ewe' è Frâenhierz, wann èn e bös'gen drem fiedermechelt.

Madam: Nu get och nach witzeg, âlt Pärd. Hier mat der Hauf. (Se helt se.) E Gleck nach, dass der de' âner Köscht net opgemâcht hûot, dîr wèrt am Stand gewiést, mat dem Spötzevoie Hüosebändelen ze mâchen.

Lantsem: Ass e Voile an dèr Köscht. Wivill Sieschter Wäss si fir dèn erem an d'Stadt spaze'ert?

Madam: Dommt Gemauls. D'Le'ne' hätt ewell läng gèren è gehât. De Fritz soil em e schenken, wann en et frégt.

Lantsem: So! Ass en dês da wölles? Hûot en d'Le'ne' da gären?

Madam: Dât wäss ech net, dât si senger Sâchen. Mais viru soll e mâchen, a kurz a gut, bestûode soll en sech mam Le'ne'.

Lantsem: A Gottes Namen.

Madam: An nach haût muss dât an d'Rei gôen, ewell müor get e gro'ssjähreg, an dann kennt e Spröng mâchen.

Lantsem: Dè Spronk an den E'hestanid ass âwer och e Spronk?

Madam: Hûot dîr iech vleicht den Hals gebrach?

Lantsem: Gebrach net, awer âl verbrûot (*en dient sech*).

Madam: An dât ass ganz rächt. Mei Gott, wann dir ons net hätt, dât ge'f mer eppes sche'nes. Net è Schrott könnt der jô dun, une' dat mîr iech an d'Leng hûolen.

Lantsem: Ech hätt âwer net gère, wann de Fritz zo' eppes gezwonge ge'i.

Madam: Dô hu mer et, dir sit dach de Kap vun der Familjen, de Fritz ass è Membre, abê, de Kap kommede'ert, d'Membre folgen. Nun drôt mer de' Köschten op meng Zemmer, an da gi mer ons drun mam Fritz.

Lantsem: Kennt è net nach e bös'gen hei setze bleiwen.

Madam: A wûofir dann?

Lantsem: Oh dèn Hun hûot mech eso' mit gemâcht.

Madam: Allez hopp. Dir hûot nach allerlî ze mâchen. Dir hûot mer nach de' Recetten net ôfgeschrifwen, meng Kanarie si nach ze besûorgen; an den Tutu, den âremen Hönnchen, dir wesst, dass e krank ass, an dat en an d'Sonn soll gedrôe gin.

Lantsem: T'ass och wo'er.

Madam: (*dreckt em d'Köschten an d'Hann an dreift en zur Dir N° 5*). Ech mengen eso', a nun keng Zeit verlûor, an eraûs elei.

Lantsem: (*am Gôen*). Dèn Tutu hûot et gut, wann hîen och e bös'ge krank ass; hie get gedrôen. Ech âremen Deiwl âwer, ech muss gôen, ömmer gôen, bis se mech och ändlech op de Kîrfecht drôen.

Madam: Dât wär iech kammo'd, iech begrûowen ze lôssen, emmer eso' faûl om Reck ze leien.

Lantsem: Da gift dir mir fir d'e'scht am Liéwe sôen: Ruhe sanft!

Madam: Nun ass et es âwer genug, allez hopp elei. (*D'Madam ste'sst de Lantsem viru sech, allebe'd ab durch N° 5*.)

3. Scène.

(Pomâd. D'Le'ne').

Pomâd: (*mat engem Häjt aus N° 1, d'Le'ne' em nô*).

Le'ne': Här van de Pomâd, ech sôn iech et, ech gi be'ss.

Pomâd: Mei Gott, et wär net fir d'e'scht, dat mir ons zänken de'ten.

Le'ne': Get mer dât Häft!

Pomâd: Et wèrt ên dach dra kucken dierfen.

Le'ne': Et si Bre'ven dran.

Pomâd: Mei Gott, et sin der och a mengem Calepin, dô hûot dir dèn derge'nt. Ech hun iech neischt ze verstoppen. (*Se bliéderen a lâchen*.)

Le'ne': Sot, Här, mir zwâ mir passen beiän.

Pomâd: Dir denkt âwer u kè Mariâge? Et ass jô bâsser, der hûolt dât Kand vu Fritz, dô krit der e pûor honnert Dausend Frang, an seng Dommhêt ass der och honnert Dausend wèrt, dât gât dûor fir ons drei; hien get de Man, an ech bleiwen hei als maître de plaisir fir seng Knäpp kläng ze grimmelen.

Le'ne': Jo, mais mir si nach net eso' weit, e wöllt sech net aussprîchen, ech mängen e fierecht iech.

Pomâd: Mais dann hätt e jô me' Verstand ewe' ech gemängt hât.

Le'ne': Wesst dir wât? Ech hun eng Ide'. Fir him aus der Wê ze kommen, dô mächt der, ewe' wann der menger Cousine, dêm Henkel vu Bebchen, d'Cour ge'ft schneiden.

Pomâd: Dât ass vill gefrôt.

Le'ne': Fir me' ze errächen.

Pomâd: Dajé, mais da kre'en ech âwer eng Bés op Akont.

Le'ne': D'Akontakte si net me' Mo'd.

Pomâd: Awer d'Stiele nach. (*E kesst et schnell*.)

Le'ne': Affronte'erte Mensch! (*Et gêt bei de Spigel*.) Elô hûot dir mer de' ro't Faref vum Bâk oewöscht, an d'Coiffüre zerfatzt, elô kann ech dât alles eröm reparéeren (*Ab nô N° 1*).
—

4. Scène.

Pomâd: (*eleng*) ass de' Kätzche mer entlâf? D'ass net schlächt, elô soll ech op de Commando fu menger belle Cavaliere dem Bebche nôlafen. Dât ass am Fong neischt schwe'eres gefüodert. Wârt, Joffer Ho'ffert, vleicht krit der nach Neid op dât Henkel vu Bebchen!
—

5. Scène.

(Hopsa. Pomâd.)

Hopsa: (*kemmt erân zu N° 3*).

Pomâd: Aha, Här Hopsa: dir kommt mer ewe' geruff.

Hopsa: Wât mir drun leit.

Pomâd: Ech braûch eng Hellef.

Hopsa: Ech net.

Pomâd: Dann hûot der jô Zeit, fir mir èr Attentio'n ze schenken.

Hopsa: Nujê, ech schenken nawell gären den âreme Leiden èppes.

Pomâd: We' fâd! Nu lauschtert, ech hun èr Cousine Bebchen gèren.

Hopsa: Ah! Ech och.

Pomâd: Cousinsle'ft = wôtelecht Wâsser, meng Le'ft ass eppes ewe' Spiritus. Sôt ge'ft der net wöllen mein Postillon d'amour sin?

Hopsa: (*lûos*) Oh wârt Männchen, de Postillon dè wèrt dec ausreiden. (*Hârt*) Ass et iéch ésch mat èrer Le'ft, wellt dir iéch mam Bebchen bestûoden?

Pomâd: Dât muss sech fannen.

Hopsa: Oho, eso' eng Freierei fir ère Spâss, Nenni, d'arent De'er get ewell genoch elei am Haus dôrömmer gesto'ss.

Pomâd: Da wâr et jô è Mérite, dem Kand, le'f ze bege'nen. Vleicht et fun hei ewâch ze brengen.

Hopsa: Dô ass eng Ide', dô hâllefen ech.

Pomâd: Merci mon cher, merci de cœur. (*E récht em d'Hand*.)

Hopsa: Et ass net derwiért, keng Ursâch. Ennert ons gesôt, d'Bebchen ass ewell unidêm bis ïwert d'O'eren an iéch verie'ft.

Pomâd: Secher, mängt der?

Hopsa: Ech mänge net, ech wèss et.

Pomâd: An ech hun dât nach net gemiérkt, wo'hir wösst dir et dann?

Hopsa: Da lauschtert emôl; et hûot de Kûob am Haff gele'rt, ère Num ze ruffen.

Pomâd: Mei Num, de Kûob, moi Num?

Hopsa: E rifft ewell emmer: Pomâd, Pomâd!

Pomâd: Oh we' hîrzég, Pomâd! Pomâd!

Hopsa: We' mer e krûten, du konnt e neîscht sôen ewe' Spötzbo'f, Spötzbo'f, dât lëft em och nach alt emôl derzweschent. — Pst, elô kömmt et. — Mâcht alles gut, Courage, ech höllefén. (*lûos*) Oh mein Alen, du kris è Bourele' opgesât. (*E mecht, ewe' wann e geng, a verstoppt sech hannert de Kanape'*.)

Pomâd: Den Efalt ass mer grât giédelech kommt, wann èn intelligent ass, brengt èn alt aus den Dommen eppes Nötzleches eraûs.
—

6. Scène.

(Bebchen, Hopsa, Pomâd, Le'ne').

(*D'Bebche gêt mat Flûos iwert d'Bühn vun N° 3. D'Le'ne' an der Dir N° 1*.)

Pomâd: We' lëft mei sche'nen Engel, a wo'hin eso' se'er
Bebchen: Ech mâchen Flûos ap mei Spannerâd.
Pomâd: Oh bleift hei a spannt mer mei Liéwensfûodem.
Bebchen: Ale Flaûtert!
Pomâd: Sin eso' le'f Zockerfengercher net ze gut, fir eso'
eng graff Arbecht ze mâchen?
Bebchen: Soll ech meng Cousine rufen? Dèr könnt der eso' e
Gefludders virmaulen.
Pomâd: Mengt dir, ech hätt èr Cousine gären?
Bebchen: Mais et geseit wûol dûornô eraûs.
Pomâd: Wo' könnt der denken, ech hätt eso' è schlechten
Goût?
Le'ne': (fir sech an der Dir N° 1) Oh mein Heiland!
Bebchen: Ass da meng Cousine net sche'n?
Pomâd: Sche'n? Jô, âwer net eso' ewe' se mängt.
Bebchen: Kukt emôl hir donkel Aen.
Pomâd: Mat dem kâtzge Blöck.
Bebchen: An dât rengt, längt Hôer.
Pomâd: Dat ass net op hirem Kapp gewûoss.
Bebchen: An de' sche' ro'd Bâcken?
Pomâd: De' si gemôlt a gepuddert.
Le'ne': (bâl ausser sech) Oh wârt, du Lala!
Pomâd: An engem Wûort, Bebchen, mängt net, eso' eng
ôfgeleckt Botterschmier könnt mir nach èn Ament ge-
fâlen, wann ech eso' è Ro'sestäckelchen viru mer hun.
Hei, ech schwieren fêch (E setzt sech op è Kne') . . .
Le'ne': (sprengt eraûs a göt em eng mam Eventait). Dat
ech en Efalt sin! (Ab N° 1.)
Pomâd: (ass paff).
Bebchen: O we'! Er Botterschmier ass ziemlech hârt.
Hopsa: (hannert dem Kanape' eraûs, kne't op de âner Seit)
An ech schwieren och!
Bebchen: Wôr dèn Sâsa och hei? Eso', nû schwîer èn dem
ânceren e'weg Trei. (Et lëft an d'Zemmer N° 1.)

7. Scène.

(Pomâd. Hopsa.)

(Pomâd an Hopsa kne'e nach emmer a bekucken sech bosseg).

Pomâd: Här Hopsa!
Hopsa: Här Pomâd!
Pomâd: Elo hâlen ech propper dô.
Hopsa: Nöt, de' klappt ewe' en Holzschnidder?
Pomâd: Wo' hûot dir da gestach?
Hopsa: Elô hanner dem Kanape'.
Pomâd: Hât dir d'Joffer Le'ne' da net gesin?
Hopsa: Oh dach.
Pomâd: A wûofir hûot der mer kên Zêchen gin?
Hopsa: Ech wollt iéch net ste'eren. (Se stin op.)
Pomâd: Der Jômer hûol iéch, elô sin ech sche' blame'ert.
Dât get elô e Klâtsch, drei Woche läng.
Hopsa: Dem entgit dir jo, dir wöllt dach d'Bebchen ent-
fe'eren, mâcht dât a lôsst de' âner klâtschen.
Pomâd: Wösst ech nömmen, op et mech gären hätt.
Hopsa: An dât hûot dir net gesin?
Pomâd: Et wôr eso' kurz ugebnonen.
Hopsa: Well et sech geschûomt hûot. Sit der da blann? We'
hûot et gefenkelt, we' der d'Le'ne' eso' ugehâng hûot.
Wösst der wât. Elô kömmt mer e Plang. Hâlt fir Hâlef-
nûocht eng Kutsch enne bei der Pûort vum Gârt parat,
de Râscht lôsst mech besûorgen, der wârt äppes erlîewen.
Pomâd: D'se'f e Wûort, ôfgemâcht; (E kukt op d'Fenster)
mais et mengt èn, et kim äppes ewe' en Donnerwiéder,
et ze't eso' schwârz elô hanner erop.
Hopsa: Dât get desto me' romantisch. A bedänkt et ass och
e Wiéder am Gâng beim Le'ne', dât schle't nach
e'schter ân.
Pomâd: Dir hûot Recht. Et get sech eng Kutsch besûoregt
fir mein Hîerzengel (ab nô N° 3).
Hopsa: Ech wèrt dir en Hîerzengel drapâcken. Awer wien?
D'Le'ne'? oder d'Matant, oder d'Pangkuchs, eis âl
Kechen, — d'ass èndunn, dât wèrt sech schons fannen.

8. Scène.

(D'Madam, den Hopsa.)

Madam: (mat engem Voile aus N° 4) Kuk hei Fritz, dô
hun ech der èppes kâft.

Hopsa: E Voile, soll ech an d'Klo'schter gôen?

Madam: Laffa dô, dèn ass fir denger Braut ze schenken.

Hopsa: Menger Braut, mais dât ass sche'n. Merci.

Madam: Da gös de deng Ble'dhêt am e'schte Mêschter. Et
ass äppes besseres. Da ruf et aus senger Küomer a mâch
virun.

Hopsa: Awer net wann dîr derbei sit. Eso' èppes mecht sech
nömmen önnert 4 Aen.

Madam: Mais da ge' a bei et. E bös'je laûschteren dârfi
ech dach bei der Dir?

Hopsa: Jo, âwer?

Madam: Wât ass dann nach ze âweren?

Hopsa: d'Bebchen ass bei em.

Madam: Wèsst de wât, et kömmt e Wiéder, sô dem Bebchen
de' âl Kâtz wär an de Blumegärtchen gelâf, et soll se
siche gôen, soss get dât aremt De'er nâss. Sô em, ech hätt
gesôt. Dann hûos de Zeits genoch fir mam Le'ne'.

Hopsa: Ganz gut. Ech schecken d'Bebchen zur hönneschter
Trâp of an de Blumegärtchen, da mîrkt et neîscht.

Madam: Parfaitemang, fein!

Hopsa: (gét an d'Zömmer N° 1).

Madam: (Eleng) Endlech wäre mer eso' weît.

Hopsa: (kömmt erân) Et ass ôf.

Madam: Dann hei, hûol de Voile, hief gute Mut, ge' eran
als mei Neveu a komm eröm eraus als mein Ädem.

Hopsa: (helt de Voile) Jô, elô hun ech Courage, bleift nömmen
hei stôen a lauschtert, dann he'ert der, we' et gât
(ab nô N° 1).

Madam: (gét bei N° 2) Thimote'e, komm eraus.

Lantsem: (dôbannen) Alt eröm?

Madam: Dajê, e bösje flott! Geschwönn!

9. Scène.

(Lantsem. D'Madam.)

Lantsem: (kömt vu N° 2) Meng le'f Dauf, dîr wesst, dass
ech kè gro'sse Frend si vum Flott a Geschwönn.

Madam: Nu ro'ech, elô lauschtert der hei mat mîr, de Fritz
ass dôbanne beim Le'ne'.

Lantsem: (ze'et eng Fötell erbei) Lauschteren? Oh dât könne
mer jô nach férdeg bringen. Et ass jô erlâpt, sech ze
sätzen?

Madam: Mais natîrlech, an ech sätze mech nach ewell bei
Iéch, an dann erönnere mer ons un ons Braûtzeit. (Se
söütze sech bei N° 1.)

Lantsem: Hm, Hm, dât ass lâng.

Madam: (lauschtert) Ech he'eren d'Le'ne' keimen.

Lantsem: Ah!

Madam: Erönnert der iéch nach, we' ech och eso' ge
keimt hun.

Lantsem: Oh jô! Ech keime nach haut.

Madam: Ro'ech, elô hun ech e Seifzer he'eren.

Hopsa: (dobannen) Meng le'f bëscht Cousine, ech komme
nömmle, wäll ech d'Verwöllegong vun der Matant hun.

Madam: Dè gude Jong, wât e Respäkt hûot e fir seng
Matant!

Lantsem: D'ganzt Haûs hûot Respäkt fir iéch, meng Dauf.

Hopsa: Wât hun ech ewell lâng hämelech giere gehât.

Madam: Grât eso' hûot der och zu mir gesôt.

Lantsem: Secher, o jömmen (e gâpst).

Hopsa: Mei ganzt Glöck leit an ärer Hand.

Madam: Ech mängen ech ge'f iéch nach he'eren, Thimote'e.

Lantsem: Ho'! Wôr ech eso' e bossechen?

Hopsa: Ech wêss, dass dir net nô menger Fortün kukt, mais
nô mengem treien Hierz.

Madam: Wât soll d'Le'ne' wûol dûorop änweren?

Lantsem: Et wèrt wûol de' âl Leier gin.

Madam: Schûomt iéch, d'Le'it eng âl Leier ze nännen.

Lantsem: Oh meng Dauf, et ass de' êlst, de' ech kännen.
Madam: Stell! d'Le'ne' schwätzt. Oh we' lûos . . .
Hopsa: Oh we' gleckelech mâcht der mech.
Lantsem: Dô hu mer d'Affär, et hûot jô gesôt.
Hopsa: Oh meng Braut.
Madam: Nên, we' dât un è gât.
Lantsem: U mech och (*gâpst*).
Hopsa: Oh lôsst mech iéch de' e'scht Bês gin, ech stierwe vu Glöck.
Madam: Oh Thimote'e, kôsst mech!
Lantsem: Wûofir da, meng Dauf?
Madam: Zur Erönnerong un ons e'scht Le'ft.
Lantsem: Wann et weider net ass (*E kesst se une' Feier*), mais ech wôr jô net èr e'scht Le'ft.
Madam: Dât hûot och äppes ze sôen, der sit âwer meng lèscht.
Hopsa: Oh hûolt elei dè sche'ne Spetzevoie als klengt Ge-schenk fir dè se'lechen Ableck.
Madam: We' he'ferlech.
Lantsem: Dât hu mir Mânsleit am Geblit.
Madam: Eso' eppes le'wes hûot dir mir sengerliewe net gesôt.
Lantsem: Ech denke meint.
Hopsa: Mais hûolt en dach, ech biéden iéch, hûolt de Voile.
Madam: Dât krottecht Steck, elô le'sst et sech och nach fle'wen.
Hopsa: Nên, en ass guor net ze sche'n fir iéch.
Madam: Löss mech en hellefen. (*Se riift an d'Zemmer*) Genug Kanner, dir guot iéch ènt fir dât ânert, kommt eraüs bei èr Elteren, kommt lôsst iéch sénen.

10. Scène.

(*Hopsa, Bebchen de Voile am Gesicht, de' Vireg.*)

Madam: He'ert we' et donnert. Den Himmel sênt iéch an èrt Verspriéchen. Dajê Thimothe'e, flott, sênt dât jongt Pûor. (*Se knœ'e jîrum Lantsem*).

Lantsem: Gêren.
Madam: (fällt en an d'Ried a sênt). Hûolt och de Segen vun der Mam (*et donnert*). Oh et soll an èrem Stôt kën ânert Donnerwieder me' kommen, ewe' dât, wât elô dè feierleche Moment eso' erhieft. De Segen des Himmels iwert iéch.
Lantsem: Amen!

11. Scène.

(De' Vireg, d'Le'ne' ausser Otem durch N° 3.)

Le'ne': Mama, wât soll dât hêschchen?
Madam: Onst Le'ne'. Wât ass dât? Oh Bedroch vum Bedroch.
Bebchen: (sprengt op a lëft an N° 1) Ech sin onschôlleg.
Lantsem: Onst Le'ne' en double expédition.
Le'ne': Et kömmt e Wiéder, et rënt ewäll, an ech muss der älter Kâtz nôlafen.
Madam: Krrmateng! Mei Blut bleift mer stôen.
Lantsem: Ech sêne net nach eng Ke'er.
Le'ne': Wât ass dât fir e Komme'de'?
Madam: Oh du verdamten Hopsa, mat dengen Deiwels-sträch, ech fûore nach ausernên.
Hopsa: Matant, dir hûot mech feierlech gesênt.
Madam: Ah da mängs du Lala, elô behe'l d'Bebchen dè Voile?
Le'ne': (kreischt) Oh d'Bebchen, è Voile, dât tópecht Steck.
Hopsa: Hûolt dîr ère Voile, mais lôsst mîr d'Bebchen. (*E get dem Le'ne' en.*)
Madam: Oh dât bezûolt der mer allebe't. Du an dei Pâk vu Braut. (*Ab nô N° 1.*)
Hopsa: Et schlegt an. Uh! Ech muss de Blitzableiter mâchen (*nô op N° 1.*)
Le'ne': Wât ass dât fir eng Geschicht, Papp, ech versti kë Wûort.
Lantsem: Ech och net.

Le'ne': Awer ech muss es gewûor gin, ech gin es gewûor.
Git dir emôl ôf an de Blumegärtchen a kukt nô der âler
Kâtz, se setzt om Nêlchesstack. (*Ab nô N° 1.*)

Lantsem: Oh jô! Du hûos engt Gesicht ewe' de' âl Kâtz;
a wann der allegûort om Nelchesstack se'tzt, dann de't
ech nach kèn Fo'ss re'eren. (*Et donnert.*) We' dât
bummst, an de Rênen klâtscht wider d'Fenster, oh wât
neipt et sech sche'n dôbei, elei, wô èn eso' dröche setzt.
(*Iwer dem Entschlöfen*) Wién hûot dach dè Schlôf erfont,
dât wôr secher e geplöten E'hemann. (*E schle'ft,*
d'Wiéder get emmer me' stârek, bei all Donner erfe'ert
de Lantsem e bös'gen an schle'ft dann eröm.)

RIDO.



III. Akt.

1. Scène.

(Lantsem, d'Madam, den Hopsa.)

(*Lantsem schle'ft nach, Madam ste'sst den Hopsa aus der Dîr N° 1.*)

Madam: Eraus Monsieur, du hûos neischt elei verlûor.

Hopsa: Ech sichen och neischt, ech hu meint ewell font.

Madam: Wât hûos de font?

Hopsa: E Médchen, dât ech gîer hun, an dât mech och gîer
hûot.

Madam: Mat denge Sûen fönns de dèr iwerall.

Hopsa: Schûomt iéch, Matant, ass dann alles fêl, d'Le'ft
an d'Trei och?

Madam: Äfalt, wanns de mängs d'Bebchen hätt dech gîer,
dann iirst de dech âl, bestûode wöllt et sech nömmre
mat der.

Hopsa: Mais Matant, fir den Ableck wöll ech och net
weider, dât gêt dûor.

Madam: Eso' e Blächgesîcht!

Hopsa: Mat sche'ne ro'de Bäckelcher.

Madam: Du wäss, dass mir et öm Güotsowell an d'Haus
geholl hun.

Hopsa: Jo, an dât krit et oft genug dûorgesât.

Madam: Sei Papp hât neischt, du hâot en eng Frâ krit de'
och neischt hât, de ass em gestûorwen, a mir hun d'Kand
hei om Leif behâlen, ewell hîe wollt jô befûorsch an der
franje'scher Arme' seng Carrière firu mâchen, obschons
mir em gerôden hun, e soll elei erömmere eng Plâtz un-

hûolen. Elô ass e 25 Jôer am Frankreich an ass bis zum Capitän kommt, wât eng E'er, mais vun der E'er get hie net sât, an d'Joffer och nöt.

Hopsa: Matant dir sit hârt.

Madam: Kurz a gut, schlô der de' Sâch aus dem Kapp; d'Bebchen gêt aus dem Haus, mûor de mûorge get et e'ergens geschöckt, wo' den Äfalt em vergöe wèrt, a mûor den Owend ass onst Le'ne' deng Braut, oder . . . dânk un dengem Papp sein Testament. (*Se gât.*)

Hopsa: E Wûort nach, Matant, alsô dir wöilt d'Bebchen elei ewâch schecken?

Madam: An hell.

Hopsa: Wûor?

Madam: Dât gât dech neischt un. Dass d'em nôle'fs. Nên, mein Alen, hei ass deng Plätz — bei onsem Le'ne', op de Kne'e virun em. Dei Bebeche kris de net me' ze gesin. Verhâl dât! (*Aô nô N° 3.*)

2. Scène.

(*Lantsem. Hopsa.*)

Hopsa: So!! Ah da mängt dir? Oho, dat der iéch alt net schnheit. Also scho mûor. Mûor an der Fre'? Mais Hopsa, dann ass keng Zeit me' ze verle'eren. Dô muss sech getommelt gin. Ech lâfen an engem Rass bei d'Bebchen an ech beschwätzen et, dat et den Owend mat mir hopp a fort gêt . . . Oh, dô sötzt nach de Mononk, dèn dâref mech net hönneren. Dê muss op d'Seit geschäft gin. (*E reselt en.*) Mononk, allez hopp!

Lantsem: Nun, wât ass Neies?

Hopsa: Allez hop, flott, d'Wiéder hûot âgeschlôen.

Lantsem: Ah!

Hopsa: Elei an d'Haus.

Lantsem: Ah! Hûot et meng Frâ fleicht gerôden?

Hopsa: Ech hâlen och, mais d'ganzt Haus stêt a Flâmen.

Lantsem: A Flâmen, da misste mer es jô erausmâchen fir dât e bös'gen Liéwen ze reitten.

Hopsa: Jô, âwer d'Trâp ass ewell hâll am Feier.

Lantsem: O mei Gott, wât mâche mer dann?

Hopsa: Dô zur Fenster eraûs?

Lantsem: Ech zur Fenster eraûs?

Hopsa: Majô, an et ass keng Zeit ze verle'eren; richt der net schons den Damp?

Lantsem: Jô, ech mängen, ech ge'f e richen.

Hopsa: Also' virun, a flott, flott.

Lantsem: Majô, ech brîche jô den Hals.

Hopsa: Ech hâlen och. Hei erôf an de Gârt. Dô önne stim jô der Matant hir Lorbelstâck, dô kommt der bâl mat de Fe'ss drun!

Lantsem: A wann ech dann e Lorbelstack krächen?

Hopsa: Mais d'Matant hûot dach le'wer d'geschitt de Stâck èppes, ewe' iéch.

Lantsem: Dât ass demnô.

Hopsa: Da verbrännt dir, ech sprangen ôi.

Lantsem: Nên, nén, dreimôl nén, ech well net verbrânnen; höllef mer nemmen.

Hopsa: Mais ganz gären. Hei klammt op dë Stull.

Lantsem: Oh, muss ech dûrop klammen, an dann och nach sprangen? (*om Stull*).

Hopsa: Flott, richt der net, den Damp gôt emmer me' deck?

Lantsem: Jô, e beissst mer schons an d'Aen.

Hopsa: Nujè, dât ènt Bän zur Fenster eraûs, an dann dât ânert; nun hâlt iéch gut un, zwo' Hänn un der Fenster-rûom; an da lôsst iéch lûos ôi. Spiért der d'Lorbelstâck?

Lantsem: Wât mächs du dann elô, Fritz?

Hopsa: Ech komme nô. Da lôsst gôen.

Lantsem: Soll ech?

Hopsa: Jô, d'Flâm schlëgt ewell zur Dîr erâ.

Lantsem: A Gottes Namen; jesmarjo'sebätt! (*E fällt*).

Hopsa: Voilà, adjugé! Dât hûot enger hâlwer Doze Stâck d'Liewe kascht. Mais hièn ass spede'ert. Durch d'Fenster kömmet e net eröm, an e'er en d'Dîr krit mat sengem Watschelen, sin ech weit vir! (*E gêt op N° 1 zo'.*)

3. Scène.

(Madam zo' N° 3 erân. Hopsa.)

Madam: Wohin, Fritz?

Hopsa: Dass déch der Gukuk hätt. (*hårt*) Oh Matant, ech siche no Hellef . . .

Madam: Nô Hellef, wât ass da geschitt?

Hopsa: Oh Matant, schräckelech, de Mononk ass lâscht de Kap kommt!

Madam: Mei Man, wât wellt dât häschen?

Hopsa: Denkt iéch emôl, e wollt mat mer wetten, e kennt bâsser turnen ewe' ech.

Madam: Turnen, den Thimote'e Lantsem?

Hopsa: Jô, ech sôt em, e soll sein Alter bedänken, e wär alt schon e bös'ge steif, du lâchst e mech aûs, a sét, ech wèr e Bângschösser, a fir mer et ze beweisen we' èscht et him wär, klemmt en op de Stull a spröngt elei zur Fenster eraûs.

Madam: Du bass verrekt, dän a sprangen.

Hopsa: Kukt sélwer, dô he'pelt en zur Gârdendir aûs; an är ârem Lorbelstâck!

Madam: (*kukt aûs*) Wât, meng Lorbelstâck? Thimote'e, Thimote'e! Oh en he'ert a geseit neischt. Oh mein Heiland, muss de Mensch och nach de' Grimmel Verstand verle'eren, de' en hât. (*Ab no N° 3*).

Hopsa: Fort wär se, a schnell ewe' eng Spann. Nun âwer keng Zeit verlûor. (*E gët nô. N° 1*).

4. Scène.

(Pomâd. Hopsa.)

Pomâd: (*vun N° 3*) Pst, Pst, Här Fritz!

Hopsa: (*lûos*) Verflucht, wo' kömmt dën elô hier? (*hårt*) Wât hätt der gér?

Pomâd: Ech hun d'Kutsch bestallt.

Hopsa: Gut, gut. (*lûos*) Ech kann se jô brauchen. (*Hårt*) Wôrt dir sélwer beim Kniech't?

Pomâd: Nén, ech hun dè Klänge fun der Pangkuchs dûorgescheckt.

Hopsa: Dann könnnt der net söcher sin. Ech gif sélwer mam Kniech't schwätzen.

Pomâd: Ech sôen iéch d'ass net ne'dech. Dè Klängen ass mer erem sôe kommt, et wèr alles an der Rei, ech könnnt mech drop verlössen. Wèr ech dem Bebche senger eso' söcher ewe' der Kutsch.

Hopsa: Mais dô hûot der Rächt. Wösst der, elô wär grât de Moment, wo' der et ganz eleng treffe könnnt.

Pomâd: Eso'! Wo' dann? Wo'?

Hopsa: Mais der wösst jô, dat et hei am Haûs behandelt göt ewe' eng Môt. Elo hun se et an de Stall gescheckt, d'Ke' streichen, ewe' e Stallmedchen.

Pomâd: Net miglech, d'âs jô e Skandal.

Hopsa: Dûorfir läft elo an de Ke'stall, dô sit der eläng, d'Ke' hun neischt derge'nt dat der dûor kommt, an d'Bebchen geseit och emôl gèren eppes Menschléches bei all dem Röndve'h.

Pomâd: Ower et rént eso'!

Hopsa: Oho, dir fèrt de Rén, wann et op èng Entreprise d'amour gät. Hei hûolt mengem Mononk sei Mantel, àle Färtjang, an hei dè Gardenhut vu menger Matant.. A nun allez hopp, soss sôen ech dem Bebchen, der gift de Rén färten — dommen Dröpsenzielert (*lûos*) ge' bei d'Röndve'h!

Pomâd: Ech gesi jô eraûs ewe' e Reiber.

Hopsa: (*drekt en zur Dir N° 3 aûs, a gët bei N° 1 schilzen.*)

Eso' wäre mer dem senger och lass. Wann elô d'Le'ne' net erem de' hönnescht Trâp erop kommt ass. (*E kukt durch d'Schlessellach*). Nén, d'Bebchen ass eläng, et steipt de Kapp an d'Hänn, dât gut Kand, dât Lât muss en Änn kre'en. Allez, Courage, erân! (*E wellt âgôen nô N° 1*).

5. Scène.

(Le'ne' durch d'Dir N° 3, Fritz.)

Le'ne': Fritz.

Hopsa: (*Erje'ert*) Donnerwiéder, sin se dann allegñor op mech gehätz't?

Le'ne': Dir sicht söcher nô mîr?

Hopsa: Natîrlich, nô wêm dann?

Le'ne': Fir Verzéchnes ze hêschén fir èr Dommhêten.

Hopsa: Wann ech der gemâcht hun, da wôr et meng Schold net.

Le'ne': Eso', a wêm seng dann?

Hopsa: Mais èr, Cousine. Wién hûot ons dâ Lala fu Pomâd hier brûocht a mir gesôt, ech soll mer e fir Beispill hûolen?

Le'ne': Dât wôr ech, an ech wölit, dir ge'ft mer folgen.

Hopsa: Oho, et ass mir e propere Patre'ner, eso' der Ke'môt nôzelâfen.

Le'ne': Wât sôt der?

Hopsa: Jo, an er nôzegôen bis an de Stall, an nach verklât ewe' e Peiâss.

Le'ne': Dat der net weiss sit, wäss ech ewell lâng, Cousin, mais dat der eso' schlächt sit, convenabel Leit erôfzemâchen, nän . . .

Hopsa: An ech sôen iéch, et ass wo'er.

Le'ne': Je, Je, pâkt an.

Hopsa: Hei, wann et net wo'er ass, da bestûoden ech mech nach den Owend mat der Pangkuchs.

Le'ne': Je, Je, Beweisser, Beweisser!

Hopsa: Beweisser? Mais git sälwer an de Ke'stall, da fannnt der de' fei Kreatur.

Le'ne': Et rînt e bös'je starek, soss göng ech wahrhafteg, fir iech den onggewâschene Mond ze stoppen.

Hopsa: Hei hûolt dem Mononk sei Prable' (*E spânt en op*).

Le'ne': Et se'f, mais gâre, wann der gelûen hûot.

Hopsa: A wann ech Rächt hât.

Le'ne': Da fle't dén se'sholzechen Courmächer elei eraûs.

Hopsa: Ha, ha, dem schmantechen Här hu mer eng Zöppche gekacht, de' könnnt em âl gliddech gin; mais de' zwê können dât enner sech range'eren. Nun âwer flott, op d'Festong lass (*Egèt nô N° 1*).

6. Scène.

(Madam, Lantsem (nâss a schlamm), kommen aûs N° 3.)

Madam: Nu sôt mer emôl Thimote'e, sit der lânscht de Gêschti kommt?

Lantsem: Wär et e Wonner, nô eso' engem Schräck?

Madam: Wo' ass dann dè Sâtan, dèn iech zur Fenster eraûsgedriwen hûot?

Lantsem: Konnt ech âneschter mâchen, fir net ze verbrânnen?

Madam: A wo' brännt et dann? An èrem Kap?

Lantsem: Hûot da net d'Wieder an d'Haûs geschlôden?

Madam: Wât engt Getudels, kukt emôl zur Fenster aus, we' der mer meng Lorbelstâck zo'gerifcht hûot.

Lantsem: Ech mengen dât wär de Bletz gewiescht. Kukt mech dach, ech sin eso' nâss ewe' eng erséft Kâtz.

Madam: Wien hûot iech dann zu denen Dommhêten ûgestallt?

Lantsem: De Cousin Fritz.

Madam: Wât?

Lantsem: Jô, ech hât mech e bös'en dûor gesiess ze schlôfen, du kömmst en, an e pâckt mech un ewe' e Ve'händler, e jeitzt, d'Haûs ge'f brännen, en dât mech den Damp richen, e sètzt mer e Stull bei d'Fenster a wutsch lo'g ech dobaûssen.

Madam: Dè Neischnotz, a mir hûot e virgetudelt, dir hett wölle mat him turnen fir eng Wätt.

Lantsem: An dât glèft dîr, vu mîr? Meng Dauf.

Madam: Oh dât quâscht Stâck Flâsch, wo' ass en, wo' stöcht en. (zum *Lantsem*): An dîr, sit fro', dat der eso' eng gescheit Frâ hûot! —

Lantsem: (fir sech) O eso' eng gescheit Frâ, dât ass dât dominst wât ass.

7. Scène.

(*Le'ne'*, Pomâd zu N° 3; de' Vireg.)

Le'ne': Lôsst mech a Ro', dir sit en êkeieche Kierei.

Pomâd: Dann he'ert dach è Wûort, Joffer *Le'ne'*.

Lantsem: O jemme we' ass dä verklät!

Le'ne': Mamm, dänk der emôl, dè propperen Här läft der
Ke'môd nô, jô bis an de Ve'stall.

Madam: Oho, ech well net hoffen.

Pomâd: Keng Bo'n.

**Le'ne':* Stöll, ech hun iéch sälwer erwöscht.

Madam: Schüomt dîr iéch net, Här van de Pomâd.

Le'ne': Dèn, a schûomen.

Lantsem: Mais hûot e net mei Rènnmantel un?

Madam: A mein Hut, dât ass jo net erlâbt.

Pomâd: Exkuse'ert . . .

Lantsem: Wann d'Môd alt net gemängt hûot, ech wèr et.

Pomâd: Mais laûschtert dach e Wûort, de Fritz Hopsa ass
Schold un allem.

All: De Fritz.

Lantsem: Alt erem!

Pomâd: E sét mer, d'Joffer Le'ne', de' wèr an de Stall
gângan, fir . . . fir . . .

Le'ne': Ower söcher net fir d'Ke' ze streichen?

Pomâd: Nèn, fir . . . frösch Loft ze schäffen.

Le'ne': Am Ke'stall? Ha, ha, sôt git bei den Dokter no
Ettelbröck.

Pomâd: An ängem Wûort, en hûot mech ofgeschöckt, en
hûot mer sälwer dè Mantel ugedôen an dèn Hut opgesät.

Le'ne': Dô stöcht eng Fönt derhanner, mech hât en och
beschwât.

Lantsem: (zum Pomâd) Hûot en iéch net verzield et ge'f
am Ke'stall brännen? Et wär alles a Flâm?

Madam: Dé Stura wollt ons all eleibanne lass sin, dô ass
d'ganzt Spill. Solle mer wätten, ech wäss en ze fannen.
De' Matant elei fe'ert è net eso' bâl hannert d'Licht.
(*Se gët op N° 1*), Komm, mei charmanten Här Neveu,
komm (*se bringt e mam O'er gepâkt*). Du mechs de Geck
mat denen, de's de respektære solls!

Le'ne': (Helt e mam äneren O'er) Mengt dîr, Här Cousin,
eso' könnt è mat sengen Damen de Spott mâchen?

Madam: Mech eso' ze bedre'en (*ze't en op hir Seit*).

Le'ne': Mech aûs an dä Klatschrën ze schöcken.

Madam: Mech ge'nt dei le'we Mononk ze hätzen (*ze't en*).

Le'ne': A mech ge'nt den Här van de Pomâd, onse char-
manten Invité (*ze't en*).

Hopsa: (Helt sech d'O'ren) Pardon, dir Fraleit, we' lâng
hätt der gèr meng O'ren?

Lantsem: Wo' kanns de mir sôen d'Haûs ge'f brännen.

Hopsa: Brännt et net? Desto besser.

Madam: Wât mauls de mîr vir, dei Mononk wöllt turnen.

Hopsa: Wöllt en dann net? Mais et wär em och net gesond.

Pomâd: Wo' könnt der mech an de Stall schöcken fir
d'Joffer ze sichen? (Ab nô N° 3).

Hopsa: Hûot der se net font? Dât dât mer lèt.

Le'ne': A mech beschwätzter, den Här van de Pomâde
le'f onser Ke'môd nô.

Hopsa: Dât en dât net net? Dann hûot en eng âner Pre-
ferenz.

Le'ne': Dir sit e fâde Mönsch, den ê stôe le'sst, wo' e stât.
Verstït dir mech (ab durch N° 3).

Hopsa: Arwûor Joffer!

Madam: E Muttwell bass de, dän me' lâng hätt missen
önnert der Rut bleiwen, an dè verlñor ass, wan e net
bâl eng verstânneg Frâ krit. Mierk der dât (Ab nô N° 3).

Hopsa: Oho!

Lantsem: Wârt, wann ech elô emôl e bös'je geschlôf hun
(*watschelt op N° 2*).

Hopsa: Bonsoir! Mononk!

8. Scène.

Hopsa (eleng): Sô! Elô si mer se all eröm lass. Mais
d'Bebche wellt net mat mer fort. Dât wär ondankbar
ge'nt d'Matant, dât wär net convenable . . . nach le'wer
geng et an e Klo'schter mat der Matant hirer Verwölle-

gong, ewe' un den Altör ge'nt hire Wöll Dât ass alles se'er sche'n vun him, allerle'fst. Mais domat ass mir net gehollef. Wât gi mer mâchen, fir dât Kand ze eruweren? Hm! Hm!

9. Scène.

(De Majo'er, de Fritz.) — (Et ass Owend gin.)

Majo'er: Donner an Tonnerre, et rént ewe' beim Déluge, et get deischter dôbaussen we' an ènger Ko' (zum Hopsa) Pardon, ech si net bekannt hei am Haüs, excuse'ert, ech hu mech verlaf, bei dém Wieder ass mer neischt iwereg bliwen, ewe' elei enner Dâg ze kommen. Ech känne kè Mensch, a wëss net, wo'hin!

Hopsa: Wellkomm Här, wär et erlâpt ze frôen, wo' der hi wollt gôen?

Majo'er: Mais op den Haff vun dem Här Lantsem.

Hopsa: So'!

Majo'er: Ass dât nach weit?

Hopsa: Glât net me' weit. Hûot den Här Geschäften do?

Majo'er: Mais ech hun eng Dûochter dô, de' ech ewâll Jôr an Dâch net me' gesin hun.

Hopsa: Oh da sit dir söcher den Här Majo'er Lantsem.

Majo'er: Dè sin ech, kuk elei.

Hopsa: Mais dât ass gerôden. Sôt ech kännen èr Joffer gut.

Majo'er: Söcher?

Hopsa: Wât ass dât e le'ft Kand, sche'n, gut erzfüen, brâv.

Majo'er: Mais Credié, dât elo dât he'eren ech gären.

Hopsa: Dô fant der och nach e Neveu am Haus, de Fritz Hopsa, dât ass iéch e monteren, ârteléche Borscht..

Majo'er: Ech hun awer he'eren et wèr en aüsgelôssene Bängel.

Hopsa: Dât ass net wo'er.

Majo'er: E Neischnotz.

Hopsa: Dât ass nu glât net wo'er.

Majo'er: Dât gefällt mer. Wo' sin ech dann hei?

Hopsa: Et ass hei en Haff dè leit nemmen èng hâlef Stönnie vun Lantsems hirem.

Majo'er: An de Num, wann ech gelift?

Hopsa: Döckbauch. Dir hûot dach de' Familjen nänne he'eren?

Majo'er: Nöt dat ech wösst; dîr sit söcher den Son vum Haus?

Hopsa: Eso' ass et.

Majo'er: Mais d'ass gerôden, Credié! Sôt, jongen Här, dir könnt mir eng gro'ss Plese'er mâchen.

Hopsa: Mat Frèd, an dât wär?

Majo'er: Ass net ömmesch dô, dè mech könnt bis a Lantsems iwer fe'eren?

Hopsa: Nèn, bei dém Wieder geng dât net. Wösst dir wât, bleibt ro'ech hönt hei zu Gâsch, meng Leit mâchen sech eng E'er draus.

Majo'er: Dajé, et rént emôl ze se'er.

Hopsa: Ech gi méng Eltere ruffen. Aha, nach ènt: mei Papp an ère Brudder, den Här Lantsem, können séch net richen.

Majo'er: So', we' lât dann?

Hopsa: Oh et ass eng âl Freierei derhanner, wât ech natir-léch net wäss, mais d'Sâch setzt de'f.

Majo'er: Donner an Tonnerre, se solle sech verdrôen, ech wärt mengem Brudder et scho beibréngen.

Hopsa: Jo, wa mei Papp nömmen de Num Lantsem he'ert, da get e rôsen zum Baschten. Dûofir wär et am Bèschten, dir ge'ft mat ängem ânere Num bei e kommen.

Majo'er: Credié, wat der wûol mängt, onse Num ass dach e'erléch.

Hopsa: Oh ech bieden iech, nömmme fir den Owend, de Räschte wèrt sech scho fannen. Ech gin elô ons Leit sichen, mais fir dass d'Zeit iech net läng get, ruffen ech gleich meng Schwester, si häscht ewe' èr Dûochter (*e gët nô N 1*); elô krit et eng kleng gespillt, wèll et eso' hârt ass. (*E rïfft*) Bebchen, Bebchen, en Ament.

10. Scène.

(De' Vireg, d'Bebchen.)

Hopsa: Bebchen, mer hun Besuch krit, den Här Majo'er vun Butscheburg.

Majo'er: We', wât?

Hopsa: Schwätz du e bös'je mat dem Här, ech hûolen ons Leit erân.

Majo'er: Donner an Tonnerre, elô sötzen ech sche'n an der Brach.

Hopsa: (*lûos zum Bebchen*). Denkt iech, Cousinchen, dât ass de Man, dèn d'Matant fir iech komme gelöss hûot.

Bebchen: (*erfe'ert*) E Man fir mech?

Hopsa: Jo, den ôwent get der fiance'ert, an 8 Dég ass d'Hochzeit, an dann hölt en iech mat an d'Frankreich.
(ab N° 3).

11. Scène.

(Bebchen, Majo'er.)

Bebchen: (*lûos*) Oh Gott ste' mer bei, wât gôt dât.

Majo'er: Dir sit eso' erschlöen, Joffer. Ech sin âwer söcher net Schold dôun.

Bebchen: (*gezwungen he'flech*) O nèn, Hèr Majo'er, au contraire, ech frêe mech . . . (*lûos*) de Fritz hûot ge-luen!

Majo'er: Kennt dir d'Bebche Lantsem?

Bebchen: Ech hoffen (*lächelt*).

Majo'er: Ech hun dât Médchen vun Hierze giér.

Bebchen: (*erfe'ert*) Söcher?

Majo'er: Eso' giér ewe' mei Liéwen, Credié.

Bebchen: O we'! (*lûos*) De Fritz hûot âwer net geluen.

Majo'er: Ech kann iech et jô sôen, ech si kom, fir et mat mer ewäch ze hûolen.

Bebchen: Der wärt dach net, dat wär dem Kand sein On-gleck.

Majo'er: Ech hâlen och, lôsst dir mech gewârdien, ech wâss dât bâsser.

Bebchen: (*lûos*) Hei ka nömmen e guden Ulâf mech eraûs-ze'en. (*hârt*) Hèr Majo'er, dir sit è wâkereche Man.

Majo'er: Gewôss, frôt emôl mei Regiment. Credié!

Bebchen: Abè dûofir laüschttert et rîcht eraûs, ech ka mech net mat iech bestûoden.

Majo'er: (*paff*) Wât?

Bebchen: Mein Hîerz ass net me' frei.

Majo'er: Donner an Tonnerre, wât gêt dât mech un?

Bebchen: Meng Matant hûot iéch hanner mengem Reck geschrîwen.

Majo'er: Wât ass dât fir è Kame'de', Qredié!

Bebchen: Der wärt dach net mat Gewalt en âremt Médchen zu èrer Frâ mâchen.

Majo'er: Tonnerre Credié, Joffer, hm. (*lûos*) D'âremt Kand ass net richteg, dât hätt de Bruder mer och könne sôen.

12. Scène.

(De' Vireg, de Lantsem.)

Lantsem: Bonjour Här, sit wöllkomm.

Majo'er: Bonjour, hun ech d'E'er den Här vum Haus ze begre'ssen?

Lantsem: (*keimt*) Den Här vum Haus? . . . Jô, dè sin ech.

Majo'er: Verzeit, dât greisselegt Wiéder, ech si kâl a nâss, et gât un d'Nûocht. . . . Credié.

Lantsem: Käng Ömstânn, dir bleift hei. An onsem Haus schle'ft è gut, gläft mir es, mir hun de' möllst Bätter aus dem ganze Lann.

Majo'er: Mein Dank fir är charmant Hospitalite't. Credié, a fir iech en ze beweisen, wöll ech iech eröm mat ängem Man reconcilie'eren, dâ mir ganz nôstet a mat dém dir vleicht zu Onrecht ausernên gerôde sit.

Lantsem: Ech wâss net rächt, wât der mängt.

Majo'er: Nu jê, rîcht eraus dât ass Zaldôtemo'd, dir könnnt den Här Lantsem net richen.

Lantsem: Wién?

Majo'er: Den Här Lantsem, den Thimote'e Lantsem.

Lantsem: Dè soll ech net riche können?

Majo'er: Mächt keng Ömstenn, ech wëss alles. Mais erlâpt mer, iech ze sôen, dat et net derwärt wôr, fir eso' eng Efällégkêt eso' en de'we Streit unzefânken. Credié.

Lantsem: Wât fir e Streit?

Majo'er: Mais we'nt der Freierei.

Lantsem: Dän ass net weis.

Majo'er: Dir hätt solle me' verstänneg sin an dem Här Lantsem alt nôgin, ech kännen e ganz gut . . .

Lantsem: Dir kännt den Här Lantsem? Ha! Ha!

Majo'er: Majô, net en ass net ömmer ganz verstänneg, mais e gudde Mensch, dè kängem Kand eppes zulêd dätt.

Lantsem: Wât, ech net ganz verstänneg, wo' kann ên a mengem Haüs sech erläben, mech net ganz verstänneg ze nännen?

Majo'er: Credié, et ass dach käng Ried vun iéch.

Lantsem: Ech menge, Bebchen, dän dôten ass net ganz!

Bebchen: Et geseit stârek dernô aûs!

Majo'er: Donner an tonnerre, elei banne sin se all verjaust.

Lantsem: Den âreme Man ass ze bedaueren, lôss mer em neischt ze nîrke gin. (*hârt*) Kommt Här, dann fesse mer e Maufel zur Nûocht, a wan et iéch neischt aûsmöcht, dann pôtze mer eng gut Butell op dem âle Lantsem seng Gesondhêt.

Majo'er: A la bonheur, dat en de' Freierei vun der frêerer Zeit vergösst.

Lantsem: Ech wëss net vu wât fir enger Freierei der ömmer schwätz? (*lûos*) En ass richteg aûs dem Kapp (*ab nô N° 3*).

Majo'er: Et stömmt, en ass nôt recht weis. Credié. Ech sim an è Nârenhaüs gerôden (*ab nô N° 3*).

Bebchen: An mat dem Hâiwerweis wöllt d'Matant mech bestüoden? Abê merci. (*ab nô N° 3*).

RIDO.



IV. AKT.

1. Scène.

Hopsa: (*eläng, e reselt sech ju Lâchen*). Do hât ech mech erem op eng änk Plätz verlâf. D'ass schûot, dat de *Majo'er* sech eso' geschwönn verrôden hûot, dât wär nach Späss gin. Awer dè fâde Pomâd, dât Patchoulisdöppen, dârf mer nôt eso' ewäch kommen; ech hu geschwûor, em eng Granât ze ze'en, an en e'erleche Mensch hâllt sei Wûort. . . . Wo' ass dann dän Odeursmöchel? En hûot d'Pârt jo scho bestallt, e wärt mer dach trauen; ech könnnt em et net grât verdänken, ewell e wärt mech eso' lûos kâinne geleift hun, mech a meng Method. Aha, dô hun ech nach dem Bebche sei Breif fir sei Papp, et ass keng Adress drop, (*e liest de Breif*) oh et stömmt net grât, mais en ass ze braûchen, Pomâddöppchen, et gät! (*kukt zur Fenster aus*). Nu kuk, ewe' geruf. Dô önne gêt en em de Ke'stall a röselt de Kapp, ech glèwe wûol, dat en de' Affär nach nôt ganz bekâppt. Hê, Här Compagnon! Elô könnnt en erop. Famo's.

2. Scène.

(Pomâd, Fritz.)

Pomâd: Hûot idr mech geruff?

Hopsa: Natirlech, ech hun iéch gut Neiegkête vum Bebchen ze sôen.

Pomâd: Der wärt mech wûol erem opze'en, dè Ke'stall vergösst mer nôt.

Hopsa: Här Pomâd, ech ka net derfir, dat d'Bebchen de Rén gefärt hûot a net op de Rendez-vous kommt ass. Elei ass äng ganz âner Sâch, de' könnt dir nu glêwe, wann der wöllt, oder nöt.

Pomâd: A wât ass dann?

Hopsa: D'Matant wöllt d'Bebchen op der Dôt bestûoden.

Pomâd: Dât ass söcher erem äng Fent!

Hopsa: Nè mein Alen, an de Freier ass ewäll hei am Haûs.

Pomâd: Wât? Wien?

Hopsa: Oh e nôblen, en ass Majo'er a Frankreich, en dâpere Kanone'er, en ass ewäll op der Such nô iéch, e flucht an ängem fort a greift all Ament un de Sêwel.

Pomâd: Mei Gott, a wo' ass dann dâ Reiber.

Hopsa: En össt mat mängem Mononk zur Nûocht, wann en iéch elô e'nescht krit hätt, dann hätt ech net wollen an èrer Haut stiéchen.

Pomâd: Mais wo' kommt dann dän op ämol hier?

Hopsa: D'Matant hûot e komme gelôss, fir dat d'Bebchen soll fort elei. An d'Bebchen ass aus Rand a Bändel, et wöllt eso'bâl mat iéch ewäglafen ewe' miglech.

Pomâd: Iéch ass nöt ze trauen.

Hopsa: Mei Gott, onglêwegen Thommes, dô lîest sälwer dem Kand sei Bre'f . . .

Pomâd: E Bre'f vum Bebchen, fir mech?

Hopsa: Liest, liest!

Pomâd: (liest) «Hûolt mech elei ewäch, ech kann et net me' aushâlen. Ech wöll Honger mat iéch leiden, wann ech nöt brauch hei ze bleiwen. Mei Cousin, de Fritz Hopsa, brängt iéch dè Bre'f, hie mängt et gut mat mer, him könnt der alles sôen. O verlösst mech nöt, mein änzig le'we Papp? Papp? Wûofir Papp? Wo' kann et eso' schreiwen? Papp —?

Hopsa: Dô gesit der, vun elauter Angscht gét em alles durchernên. Dûofir tommelt iéch, dir gesit, dass et bönnt.

Pomâd: Ech misst jô äng Honsfott sin an en Hîerz voll Krösch hun, wann ech dô net höllefse ge'f.

Hopsa: Der hûot jô d'Pärt bestallt?

Pomâd: Jô.

Hopsa: Abê da kommt öm Halefnûocht elier.

Pomâd: (paff) Em Halefnûocht, — hîer?

Hopsa: Natirlech, dô ass jô dem Bebche säng Kûomer. (weist op N° 1).

Pomâd: Oh ech färte net; mais em Halefnûocht! Hûot dir nach net gehe'ert, dass et öm Halefnûocht elei am Haus ömgêt?

Hopsa: Je, je.

Pomâd: A grât an dem hei Zemmer ge'f eng weiss Frâ eröm kommen . . .

Hopsa: Ah jô, mäng Matant hûot mer äppes eso' verzielt.

Pomâd: Wesst der, ech färte net, mais mat Gespänster sech ze zerkûrelen, dât ass eso' eng Sâch!

Hopsa: (lûos) Halt, dô ass äng Ide', dât könne mer braüchen (Härt). Dir hûot rächt, et ass net grâd ömmer kamo'd, sech mat Gäschter eröm ze schlöen, dânt nömmen un d'Mo'm Se'ss. Wesst dir wât, dir braucht net hîer ze kommen, ech brângen iéch d'Bebchen aûs bei d'Kutsch.

Pomâd: Gift dir dât wollen?

Hopsa: Ech verspriechen iéch et, mir wârt de' weiss Frâ neischt dun, ech si jô vun der Familjen. Also' öm Halefnûocht hâlt der mat der Kutsch dô önnen bei der Gardendir.

Pomâd: Ganz gären, ôfgemâcht!

Hopsa: Dir sit zu Pärt, a wann der he'ert, dass ech ömmeescht an d'Kutsch hiewan, da galoppe'ert der flott ewäch, an ech sôen dem Postillon, e soll nömmen hannen un ech kutsche'er'en.

Pomâd: Gut, ech sin dô a mâchen alles an d'Rei, (kukt op d'Auer) Mais dô hun ech jô käng Zeit me' ze verle'eren. (ab durch N° 3).

Hopsa: Hurrah, d'Sâch ass am Marsch. Elô hänkt et neminen vum Zo'fall ôf, dâ mer nach ömmer gönschteg wôr, wân ech em an d'Kutsch tässelen; mais d'Bebchen söcher nöt, op kë Fali.

3. Scène.

(Madame. Fritz.)

Madam: (durch N° 3) Fritz, wât hûos de näs fir Domme
hête gemâch?

Hopsa: Matant, wivill mól hûot der mer dât scho gesôt?

Madam: Deng zwe'n âl Mononken eso' op enâner ze hätzen.

Hopsa: Se hun sech dach söcher nöt gefriesst?

Madam: De Papp mat sänger Dúochter wollen ze bestûoden.

Hopsa: Hun si sech da bestûod?

Madam: We'ne' gös de ändlech verstänneg.

Hopsa: Oh Matant, dir wösst net, we' ech zönter enger
Ve'reistonnn change'ert sin.

Madam: Du, dât wär jô e Wonner.

Hopsa: Oh e Wonner ass et och. Denkt iéch emôl: Ech hât
mech e we'neg am Mononk säng Fôtell gesât a wôr ent-
neipt. Du ko'm de' weiss Frâ elei erân, vun dèr dir mir
schons e pûor mól verzielt hûot. Si bekukt mech ganz
be'ss, oh et go'f mer bâl ällen, an du sêt se mat enger
hûoler Stemm: «Wûofir hûos du d'Le'ne' nach nöt fir
Frâ?»

Madam: Geseis de Fritz, wât e verstännege Gäscht.

Hopsa: Ech hu kêmols u Gäschter gegläft, mais de' Ke'er
sin ech äppes gewûor gin. «Fritz,« jeitzt se mat engem
pickigen To'n, «komm em Hâlefñuocht elier an dè Sall,
da könne mer fleicht nach gut mâchen, wâs du bis elô
gefèlt hûos. A wanns de des Ke'er och nach nöt follegs,
dann we'h dir an dénge Leiden.» — Ech guf du wâcke-
reg, mais gläft mer, ech wârt den Drâm verhâlen. Oh
Matant gôt mer ê gudde Rôt, wât soll ech mâchen?

Madam: (lûos) Dô wér vleicht eng Ide'. (Hârt.) Fritz, ech
hûolen un, du ke'ms hiér, an de' weiss Frâ ge'f erscheinen
a ge'f der eröm dräen? Wâi ge'fs de dann mâchen.

Hopsa: Da ge'f ech âwöllegen an d'Le'ne' racksdech en
mariage frôen.

Madam: Ass dât der êscht?

Hopsa: Matant, wann èn de' weiss Frâ gesin hûot da spâsst
è nöt.

Madam: (lûos) Wârt Männchen, du solls de' weiss Frâ ze
gesi kre'en.

Hopsa: (lûos) Se gät un! Hi!

Madam: Sô emôl, we' hûot se ausgesin?

Hopsa: Äng läng weiss Frâ, bâl ewe' äng Nonn.

Madam: Richteg, eso' soll se sin. Nu Fritz, et ass ewâll
îwer hâlwer zwielef, de' âner wârten elô all schlôfe gôen,
mângs du, ech ble'f nach än Amènt hei, ech fârten vill
ze vill, ech krauchen a mei Bätt an ze'e mer d'Däcken
îwert de Kapp; wann de' weiss Frâ eröm soll kommen,
da Courage, se wârt der neischt dun, du hûos jô ver-
sprach, wât se gären hätt. (ab nô N° 5).

Hopsa: (eleng) Oh Matant, dir musst me' fre' opstoen ewe'
eso', wann dir den elei fânke wollt. Wârt, dât dô bezilt
sech nach.

4. Scène.

(Hopsa. Le'ne'.)

Le'ne': (mat enger Bougie) Oh wât en Tôtzert, den âle
Mononk Majo'er, et enschle'ft è jô, em ömmer nôze-
laûschteren, wann hién vun dem Krich schwadrone'ert;
ech glâwen em d'Halschecht nöt. (zum Hopsa) Gude
Nûocht, âle Spôtzbo'f (gét nô N° 1).

Hopsa: Cousine Le'ne', sit dir eso' mit. En Amänt, ech
wârden elei ewâll eng hâlef Stonn op iéch. Ech hun
äppes op dem Hierz.

Le'ne': Sôt mer dât müor, et wârt wûol eröm e Strâch sin.

Hopsa: Jô, an dir musst mer derbei höllef. Dir wösst jô,
ech soll mech bestûoden.

Le'ne': Soll? D'âss sche' gesôt.

Hopsa: Ech wöll och.

Le'ne': Ah, zönter we'ne'?

Hopsa: Kukt, Cousine, ech hun ömmer gewollt, âwer net
eso' steif soll et gôen ewe' d'Matant et virschreift, Me-
thod Anno Tubâk, nêñ dât gât mer net. . . Eso' am

Schnöppel kommen, mat Papp a Mamm rieden, da virun d'ganz Familien trieden, an dann all de' Tre'nen an de' Bësen brr, vun den åle Matanten, nän kukt, dât ass dë fre'ere Mo'd, an op dë fläten ech...

Le'ne': We' wollt dir et da mâchen?

Hopsa: Mais rupderdup, d'Médchen entfe'ert, bei de Pâter, mötten an der Nûocht dât ass nei, dât ass löschtig, eso' spröngt èn an den E'hestand, — Cousine, hûot der Loscht?

Le'ne': Sit dir verrökt, dât ass jô nöt ne'deg, mir hu jô op änt zwè d'Verwöllegong vun onse Leiden . . .

Hopsa: Dât ass grât dât Dommt an der Geschicht. De Fritz, den Hopsa, dât aussgelössenst Steck Fläsch an der ganzer Ge'gend, dê soll sech bestüoden ewe' en åle Conseiller. Dât gât nöt, ech muss äppes Apârtes hun oder ech bleiwe mei Liewe läng Jongergesell.

Le'ne': Kômesche Jong. A wât fir e Plang hûot der dann?

Hopsa: Dât einfachst, wât dir iech denke könnt: hanne bei der Gârdendîr stât an e pûor Minuten (*E kukt op d'Auer*) eng Kutsch, dîr schleicht iech dohinnen, ech hiéwen iech an d'Kutsch, ech sätze mech bei iech, an Hopsa juchheissa, hopp a fort, weit ewech, dô lösse mer ons bestüoden, a mer kommen e fre'e Müorgen als Frâ a Man eröm a lâchen d'Matant mat all hirem Ho'chzeits-tôdi aus.

Le'ne': Nên, dô sin ech nöt mat.

Hopsa: Ja, meng le'f Cousine, da get aus der ganzer Sâch neischt.

Le'ne': (spöttelt) Mengt dir da vleicht, mîr le'ch vill drun?

Hopsa: Nun, ech hätt gedûocht, e flotte Borscht, mat e pûor honnert Dausend Frengercher . . .

Le'ne': An dën all Dâg 100 000 domm Sträch möcht.

Hopsa: An dën an èren Hänn eso' zâhm ge'f ewe' e Lämmchen.

Le'ne': Ja wann ech dât söcher wösst?

Hopsa: Ech schwieren iech et bei mängem Mononk sängem Schlöf.

Le'ne': Dât ass en êschten Ed. Dann iwerléen ech mer èr Propositio'n, gudde Nûocht.

Hopsa: Iwerléen, ech hâlen och, dômat ge'f de ganzen Artikel verdûorwen, elei muss et flott gôen, op der Dôt, wollt der oder wollt der net? Ent, zwè, drei, Hopsa, dragesprongen.

Le'ne': Sit dir aus dem Kapp?

Hopsa: D'Kutsch stât bei der Gârdendîr.

Le'ne': Dir fûobelt.

Hopsa: Mei le'ft Kand, elei ass neischt ze fûobelen, elei muss gehandelt gin. Sit mat, dât göt e kapitale Sträch, a kurzem si mir Mann a Frâ, a mer hu Lâches fir onst Liewe läng.

Le'ne': Ass et dann nun êscht?

Hopsa: Et ass käng Zeit ze verle'eren, d'Kutsch stât dônid, der he'rt schon d'Schällen.

Le'ne': (lûos) Ech muss sôen, eso' geng et am schnällsten an d'Rei.

Hopsa: (lûos) De Föschelche beisst un!

Le'ne': He'rt emôl, d'ganzt Haus ass nach wâch, mer gin erkannt.

Hopsa: D'ass alles an der Rei. Färt dir d'Gespänster?

Le'ne': Ech hâlen och, ha, ha, wûofir.

Hopsa: Dir wösst, et gêt äng weiss Frâ hei am Haus öm.

Le'ne': Dât ass äng Sêchen.

Hopsa: Et se'f dann, mais dât kömmt ons fein zu Pâss. Eso'bâl ewe' Hâlefñûocht schle't, da schlöt dir e Lell-doch öm, an dir spaze'ert majeste'tesch elei eraûs, durch de Gârt bis bei d'Kutsch. Wîen iech geseit, mängt et wär d'veiss Frâ a le'sst iech an Ängsten erlâst.

Le'ne': Wât eng Farce, a wo' fannen ech iech?

Hopsa: Ech sin dôniden bei der Pârt.

Le'ne': Gut, et se'f è Wûort. We' spe't ass et?

Hopsa: Elo gleich Hâlefñûocht.

Le'ne': Da wârt op mech dô önnen. Eso'bâl ewe' d'Bebchen a seng Kûomer ass, richte mir dâ Spâss op. (*ab nô N° 1*).

Hopsa: (eleng) Dât dô göt eng gut, dô muss ech derbei sin.

Awer wo'? Elei am Sall gesin ech am bâschten . . . Ech he'ere Stömmen, dô ass kân Iwerlées, allez Hopsa (*e kraucht enner den Desch*).

5. Scène.

(Bebchen, Lantsem, Majo'er, Hopsa, enner dem Desch).

Lantsem: (*mit enger Bougie*) Hei, Bruder Majo'er, ass dein Zöimmer, a nu Schluss fir haut, wât wôr dât en Dâg! Ech scniöfe müor bis 3 Auer nômöttes, he'ers de Bebchen? Gut Nûocht.

Majo'er: Gude Nûocht Siweschle'fer, Credié!

Lantsem: Oh hâtt's de Recht; sîwe Jöer an ängem Steck ze schlöfen, dât wär den Himmel op Ärden. (Ab nô N° 2.)

6. Scène.

(Bebchen, Majo'er, Hopsa enner dem Desch.)

Bebchen: Mei le'we Papp, wât e Glöck, iéch ändlech bei mer ze hun, ech mängen ömmer nach, et wär nômmen en Drâm.

Majo'er: Donner an Tonnerre, Mêdchen, wât bass du gro'ss a schic'n gin.

Bebchen: Ech sin och brâv blîwen, gläft mör et, Papp.

Majo'er: Dât wêss ech ewâll läng, deng Gutthiet hûot mer jo an ängem firu gehollef.

Bebchen: Ech verstin iéch nôt.

Majo'er: Wo' zum Donner hûos du all dât Gäld hîerkrit?

Bebchen: Wât fir e Gäld?

Majo'er: Mais du hûos mer jô elô drei Jöer läng ömmer Gäld geschöckt, Credié.

Bebchen: Ech?

Majo'er: Meijâ, an dänge Bre'wen, an une' e Wûort derfun ze schreiwen. Meng Schwe'esch wôr et söcher nôt, de' ass nôt vun dêr Natur, an mei Bruder, hire Man, krut jô kä Su an d'Fangeren. Du wölls et nôt agestöen, mais Donner an tonnerre, dô brauch èn sech nôt ze schummen.

Bebchen: Mais Papp, wann ech iéch et söen . . .

Majo'er: Pepperlapapp. Müor schwätze mer eröm dervun. An da wârt ech wûol och dâ Stura vun Hopsa eröm ukommen, dè gôt verwichst, möch eso' unzefereen, Credié.

Bebchen: Papp, der dut em Ongleicht, e möcht mutwölleg Strâch, mais soss ass en de bäschte Jong vun der Welt. En dât dem ganzen Dûori Guddes. Der wârt en nach können le'eren; ech sin em eso' gut.

Majo'er: Dât wâr mer le'f. Mais elô fèlt mir weider neischt ewe' äng gut Ro'. Mei Bruder hûot mer èr Bätter eso' gelüoft. Gude Nûocht, moi Kand (*e kesst et an ab nô N° 4.*)

Bebchen: (*ble'st d'Lüchten aus*) Oh ech wârt schwe'erlech vill schiöfen. Dé gude Jong gât mer am Kap ernô; wann ech schlöfen soll, drâmen ech söcher nômmen vun him. Fritz, Fritz, oh ge'fs de nômmen wessen, we' gîer ech dech hun, du gudde Jong, elô erkânnen ech dech ganz. (Ab nô N° 1.)

7. Scène.

Hopsa: (*eteng, stecht de Kapp enner dem Desch eraüs*). Hûos de mech wirkelech gieren? Abê, da wöll ech och e verstânege Mensch gin, oder der Gukuk soll mech hûolen. Mei le'ft, ie'ft Kand, schlöf se'ss, drêm vu mir. (*Et schle'gt eng Auer 12.*) He'er, et ass Hâlefñûocht, d'Stonn vun der weisser Frâ. E Gleck, dass d'Bebchen all Lüochten ausgemâcht hûot, eso' beim Mo'ndschein an der hâlwer Deischteri, get de' Sâch nach me' gruge-lech. Et mängt è bâl, et ge'f èn ewâll Pantoffele schlappen he'eren (*zet' sech e bös'gen zreck*).

8. Scène.

(Madam, Le'ne', Fritz.)

Madam: (*Vu N° 5, an ängem läng Pudermantel mat Aremen, de' schiapp eröf hänken, eng brät âlmo'desch Hauf, e Voile.*)

Le'ne': (*Vu N° 1, an e Leitzaach geweckelt*).

Madam: En ass nach nôt dô.

Le'ne': Dât gei nach keng kam'o'd Promenad, mais wât möcht è net, fir e reiche Man ze kre'en.

(Se kommen an der Mött zesiomen, gesin sech, se jeitzen,
wärfen dât weisst Gezei ewäch a läfen an hir Zömmern.)

Hopsa: (könunt eraus, steipt sech op d'Kne'en a lächt härt):
Oh wât è Courage zu two' Seiten. Ah dir Damen, dir
wärft nach eröm eng Ke'er Gäschter spillen; alles hun se
leie gelöss (*e rëft d'Gezei op*). Si sin allebe't erem ewäch,
äwer wien möcht mer mei Späss ganz, wie soll ech dem
Pomâd nun an d'Kutsch tässelen? Dä wärst söcher **voll**
Onggedold donide bei der Gårdendir. Hätt ech dach
ömmeschit fir an de' Kutsch?

9. Scène.

(Lantsem [am Nûotsgezei a Schlôfkâp, mat änger Bougie],
Fritz.)

Lantsem: (kommt aus N° 2) Wât ass elei fir e Spektâkel,
net emôl nûots lössen se ängem de' le'f Ro'.

Hopsa: Oh Mononk, ech hun eppes entdäckt, eng Conspira-
tio'n, eng schwârz.

Lantsem: Schwârz oder weiss, et soll e mech schlöfe lössen,
verstâs de — schlöfe lössen.

Hopsa: Soll ên iéch schlöfe lössen, wann dât Le'wst, wât
dir hûot, a Gefôhr ass?

Lantsem: Dât Le'wst wât ech hun, ass mäng Ro'.

Hopsa: An d'Matant dann, èr Frâ?

Lantsem: Jô, dât ass jo och èppes Le'wes. Ass se vum Dâch
gefall?

Hopsa: Oh vill schlömmer.

Lantsem: Ass se do't? Gott ge'f er d'e'vech Ro'.

Hopsa: Schlömmer ewe' do't. Et wöllt än iéch se entfe'erem.

Lantsem: Entfe'erem? Hei elei! Verziél mer dât müor, eda
muss elô meng Ro' hun. (*E gät.*)

Hopsa: Mais müor, Mononk, ass et ze spe't.

Lantsem: Wann en se elô entfe'ert, da brängt en se müor
schons eröm.

Hopsa: Oh fir d'Matant ass et mer nöt bâng, de' ass ewe' e
Man, de' wärt sech schons durechschaffen.

Lantsem: Jô, dât stömmmt, de' schaffit sech durech. Dûofir
löss mech schlöfe gôen. (*E gät.*)

Hopsa: Jô, ôwer wât wärt se dänken, wann se gewûor göt,
dat hire Man neischt gemâcht hûot, fir se heizehâlen.

Lantsem: Jô, wann se dât gewûor göt, da kre'en ech Sträpp.

Hopsa: A ve'er Woche le'sst se iéch kän A zo'dun.

Lantsem: O jömmen, wâs de nöt sês, dât wär jô mein Änn.

Hopsa: Dûofir wär ech elô ganz galant.

Lantsem: Du hûos Rächt, dât ass nach dât bäscht. Sô emôl,
wién brännt da mat er durech?

Hopsa: Frôt nach, dè stönkege Pomâd.

Lantsem: De Pomâd? Wât hûot ên awer allerlä Güen bei
de Leit. Sin se da scho fort?

Hopsa: Nach nöt, mais et presse'ert, en ass bei er an der
Küomer.

Lantsem: Oho, da wärt (*e gët op N° 5 zo'*).

Oopsis: Halt, Mononk, en hûot e pûor graffer Kierele bei
sech.

Lantsem: Da rufen ech ons Knîecht.

Hopsa: Evite'ert all Gefôhr! Hûot der nöt he'ere, we'
d'Matant elô e'nescht Kräsch gedun hûot?

Lantsem: Majo, dûofir sin ech jô erauskom. An elô ass se
ganz stöll, sollen se fleicht er de Mont zo'gebonnen hun?
Dât hällt de' nöt lâng aus! Wât kann ech âwer mâchen.

Hopsa: Wessst der wât, Mononk, mat Gewalt gât et nöt,
dûofir wölle mer schlau sin. Dem Pomâd seng Kutsch
stät dô önne bei der Gårdendir. Git ôf a sôzxt iéch dran,
wann en dann mat der Matant kömmt, an e geseit iéch,
dann ass e paff, e schumt sech a möcht sech durch
d'Reiser, an dir hûot d'Matant eröm.

Lantsem: Soll dât gôen?

Hopsa: Der wärt gesin, an d'Matant de' wärt iéch dankbar
sin,, èrt Liéwe lâng ste'ert se iéch nöt me' an der Ro'

d'Hönger gi geschiüocht, an den gro'ssen Cochinchine's
Hun och.

Lantsem: Oh wann ech dât wösst.

Hopsa: Bedenkt iéch nöt läng.

Lantsem: Et ass âwer kill, an ech hu bâl neischt un, ech
erkâie mech.

Hopsa: Wârt. Hei ass je e bös'je Gedäcks. (*En dât em de
Pudermaiel un, d'Hauj op an de Voile öm.*) Dât hâllt
wârem an le'sst och kë Niwel un d'Gesicht. Nu kommt,
Mononk, ech gi mat iéch, ech setzen iéch sälwer an
d'Kutsch, an da gât alles schons an de Blei, der wârt
gesin.

Lantsem: Fritz, du bass e brâwe Jong. Wann se alt ge-
schwönn kommen, soss entschlöfen ech nach an der
Kutsch.

RIDO.



V. Akt.

1. Scène.

(Et ass müorgens.)

(Hopsa kommt erâgeschlach.)

Hopsa: T'ass nach neischt hei. Ech wâr dach virwötzeg,
we' dât Dönge vun hönt gewîrkt hûot. Meng kurage'ert
Cousine, de' u käng Geschter gläfft, hûot âwer ganz
dâper gebröllt, se wârt wûol elô nach schlöfen, an ech
könnnt dem Bebchen e Wûort söen (*e lauschtert bei N° 1*).
Et söngt sei Müorgeslidchen; wâkerecht Kand! (*et
ho'scht op N° 5*). O jömmen d'Matant, dât ass och eso'
äng Nûochtegeilchen.

2. Scène.

(Fritz, Madam.)

Madam: (*kömmi ängstlech aus N° 5*) Oh Cousin, bass de
dô, dât ass mer le'f.

Hopsa: A gude Müorge, Matant, et mängt è bâl, der
hätt nöt ganz gut geschlôf.

Madam: (*zerschlöen*) Kèn A hun ech zo'krit.

Hopsa: An ech och nöt.

Madam: We' dât dann?

Hopsa: De' weiss Frâ ass äng Maulesch, mat Verlaf ze
rieden.

Madam: (*kuht ängstlech em sech*) O Fritz, Fritz, donk
käng Sönd.

Hopsa: Majo, se hât versprach, ze kommen, an s'ass nöt
kommt.

Madam: Oh dach, se wôr kommt!

Hopsa: Ech hun elei gesiess op se ze wârden, et ass Brach mat dâr.

Madam: Oh du bass öm Hälefñuocht net eleibanne gewiescht, ech hun se gesin.

Hopsa: Dîr? Et ass wo'er, ech hât mech e bösjie verspe't.

Madam: Dât ass äng Wâreng! Et ass eng âl Geschicht an onser Familien, dass dän, dem d'weiss Frâ erschöngt, a sîwe Woche stierwe muss.

Hopsa: Je, je, raumt ân, Matant.

Madam: Stöll, ech hu Rei, wât hun ech mein âreme Man gepengett, dât gut Schôf. An un dir hun ech och gesöndegt, Fritz.

Hopsa: U mir?

Madam: Jo, kurz a gutt, et muss eraus, ech wollt mei Ge-wösse frei hun. Dengem Papp sein Testament stömmet net, ech hun en dun et schreiwen, we' en ewâll gefüobelst hûot.

Hopsa: Oho! Charmant!

Madam: Hei, hûol et, zreiss et, verbränn et, du bass zönter haut gro'ssjäreg, du kanns mâche, wâs de wölls, du brauchs onst Le'ne' nöt ze hûole, wanns de mir nömmen verzeih's, dat ech ro'ech stierwe kann. (*Se get em d'Testament*).

Hopsa: Gelungen! Gelungen! Dô hätt jô mei Mutwell äppes Guddes gehât, gelungen. (*feierlech*) Matant, stierewt dîr ganz ro'ech, Requiem aeternam! Ech verzeien iech. — Ha, Ha, Ha! (*E läft fort mam Testament*.)

Madam: E lächt sech futti? Sei Muttwöll hätt äppes Gudes gehât, wât wollt en domât sôen?

3. Scène.

(Le'ne', Madam.)

Le'ne': (*kommmt aus N° 1, ganz gedrückt*) Gudde Müörge Mamm, dir sit blêch am Gesicht.

Madam: An du och, mei Kand.

Le'ne': Oh ech hun hönt äppes Schräckleches gesin.

Madam: Du och? Nôt migelech.

Le'ne': De Fritz hûot mech göscht beschwât, fir mech vun him fortfe'er en ze lössen, ech soll mech als Gespänst ver-kläden an hei erausschleichen.

Madam: An dû . . .

Le'ne': An dû hun ech em gefollegt fir iéch Frèd ze mâchen.

Madam: Du? Wôrs du et?

Le'ne': Oh et ass mech deier kom, we' ech elei eraüstrieden, dû gesin ech e Gäscht dô stöen, dèn op mech dûor wollt kommen.

Madam: We' hûot de Gäscht eraüsgesin?

Le'ne': Oh ällen, gro'ss Aen, Hûore, Klöen, et wôr ängt äl greisselegt Främönsch.

Madam: (*blässe'ert*) D'Angscht hûot dech bland gemâcht.

Le'ne': Et hûot è gemängt, et wèr aus ärer Kummer komm.

Madam: Ja, ja, a wât go'f dû.

Le'ne': Ech hu gejaut a si fortgelâf.

Madam: (*lûos*) Oh der Gukuk net nach, elô kömmt et eraüs. (*hârt*) A wât hûot du d'Gespänst gemâcht?

Le'ne': Et hûot och gejaut, a weider wäss ech neischt me', oh wât äng schräcklech Sâch!

Madam: Le'ne', mir sin allebe't bedupst gin.

Le'ne': Wât?

Madam: Ech wôr dât Gespänst.

Le'ne': Dîr?

Madam: Jo! Dé Sâtan fu Fritz hât mech och beschwât. Oh we'h, an ech hun em alles gebeicht, ech hun em d'Teste-ment gin, — Oh Brigang, oh Neischnotz! Wo' ass mei Mann, dat ech mer e bös'ge Loft mâche kann.

Le'ne': Oh de' Schlächtekêt; Mamm, mer dârfen emât neischt weisen, soss gi mer nach ausgelächt derbei.

Madam: Oh ech erstecke vun lerger.

Le'ne': Ro'ech, et kömmt ömmesch, hûolt iéch zesummen.

4. Scène.

(De' Vireg, Majo'er vu N° 4.)

Majo'er: Müurge, Kanner, Müorgen! Donner an Tonnerre!

Madam: Sit der glât net erwächt gin, Schwôer? et wôr alt e bös'je Lärem hei am Zemmer.

Majo'er: Nondibum, eso' e möllt Bätt, an 20 Stonne geriden fir hîer ze kommen, dô könnt der mer äng Bon op d'Bätt wärfen, ech ge'f net wâch, Credié.

Hopsa: (vu N° 3) Bonjour, Mononk.

5. Scène.

(De' Vireg, de Fritz.)

Majo'er: Bonjour du Deiwel.

Hopsa: Hûot der gut geschlôf?

Majo'er: Ech mengen eso', Credié.

Hopsa: Da sit der gut opgelûogt?

Majo'er: Ech mengen eso', soss hätt ech dech ewâll mam O'er fir de' Konschten, de's de mer gesticht hûos, du Deiwelskîrel, Credié.

Hopsa: Mei Gott, vergiesst dât, oder strôft mech äng âner Ke'er, elô brauch ech är Gutthêt . . .

Majo'er: Oho, a wûofir dann?

Hopsa: Ech ge'f mech gier mat èrem Bebchen bestûoden.

Majo'er: O, alt e bös'je lûos.

Hopsa: Mais ech sin zönter de Müurge gro'ssjähreg.

Majo'er: Jo, awer et bleift dengem Papp sein Testament.

Hopsa: Dât bestät net me'. Frôt emôl d'Matant.

Majo'er: Söcher, Schwe'esch?

Hopsa: Jo, Matant, repe'eert dem Här Majo'er, wât ärt gut Hierz mer vir e pûor Minuten eso' le'i gesôt hûot.

Madam: (verbassen) Jô, Schwôer, ech hu gesin, dass de Fritz êmôl ze fill an ärt Bebchen verle'ft wär. . . .

Le'ne': (verbassen) An dat ech e nöt ausstöe kann.

Majo'er: Ah dât ass äng âner Batterie. Awer, mei Jong, bass du dann och dem prächteche Mêdche senger wiert?

Hopsa: Vleicht nach nöt, Mononk, âwer ech wèrt mer et verdengen.

Majo'er: Dât änzept Kand, et hûot mer zönter 3 Jôer eso' vill Geld geschöckt.

Madam: So! Et hûot iech Geld geschöckt?

Majo'er: Majô, Schwe'esch, dîr hûot em söcher beigestânen, fir dat et sängem âreme Papp hellefe könnt.

Madam: Nöt dat ech wösst. An dir hut vill Geld krit vun em?

Majo'er: Jo wirkelech, vill Geld, Credié.

Madam: (spötz) Abè, ech muss et sôen, da wëss ech nöt wo' et et hier soll hun. Vun ons hûot et sengerliewe kê Sû krit, wo' kömmmt dât u vill Geld? Dât kömmmt mech drôlech vir.

Majo'er: Wât, Donner an Tonnerre? Soll mei Kand nöt brâv sin. Credié.

Madam: Ech sôe neischt, mais vun ons hûot et dât Geld nöt!

Majo'er: Nondibum, wo' ass dât Mêdchen?

Hopsa: Ech kann iéch alles sôen, da sit der op zwo' Seite gezösst. Et ass e ganz klängt onschöllegt Geheimniss. Mais do kömmmt ömmesch.

6. Scène.

(De' Vireg, 2 Gendâremen.)

Gendârem I: Mir si vum Hèr Brigadier geschöckt, fir ze melden, wât hönt elei vir ass kommt.

Madam: Wäss d'Polizei et ewâll? Oh de' Schân!

Gendârem II: Bei ärer honneschter Gârdepûort stong eng Kutsch. Honnert Schrott dervun wôr en Här zu Pärd. Op de Schläg Hâlefniûocht go'f äng Frâensperso'n an de' Kutsch gesât, dén om Pärd hûot gepaff, a fort gong d'ganz Cavalkâd. D'Frâmönsch hûot gejaut, eso' hârt, et hätt è bâi gesôt, e Mansmönsch.

Madam: (get schwâch) Oh eso' e Skandal a mängem Haus.
Majo'er: Em Gotteswöllen, d'Bebchen wèrt dach nôt an dèr Kutsch gewiescht sin?
Hopsa: Ro'ech, Mononk, dänkt nôt dôrun.
Gendârem I. Mir du der Kutsch nô, mir hun se erwöscht, a mer brângen iech d'Personnagen eröm.
Madam, Le'ne', Majo'er: Wien? Wien ass et?
Gendârem II: Dè flânke Reiter wôr dèn Här aus der Stâdt, dän hei op Besuch ass.
Madam: De Pomâd?
Le'ne': Oh dä Brigang!
Majo'er: An de' Perso'n an der Kutsch? Credié.
Gendârem I: De' ass geschwönn ro'eg gin, se ass entschlöf.
Majo'er: Wie kann dât ânescht gewiescht sin ewe' d'Bebchen?
Le'ne': Mais et hûot de müorge nach bei mir an der Küomer gesongen.
Majo'er: Donner an Tonnerre, et kann d'Bebchen och nôt sin.
Madam: An et ass och kënt vun ons, da ble'f nömmen d'Frâ Pangkuch, ons âl Kächen.
Gendârem II: Hei kommen se mam jongen Här.

7. Scène.

(Pomâd, Bauere mat Kneppelen, de' Vireg.)
Le'ne': (spöttelt) Wöllkommen, Här van de Pomâd.
Madam: An dîr kommt nach eröm, abscheileche Kierel?
Pomâd: De' Baueran an de' Gendâremen schläfe möch hîer!
Majo'er: Donner an Tonnerre, dir sit mer e Propperen.
Hopsa: Wo' kann èn söch esc' blame'eren!
Pomâd: De' Pärd sin âl Kröppelen.
Madam: Dir könnt engem dach söcher söen, wien der an der Kutsch hât.
Pomâd: Wûofir nôt? D'Joffer Bebchen.

All une' den Hopsa: D'Bebchen?
Majo'er: Meng Dûochter, Nondibum, elo get der ermölzt.
Pomâd: Lûos Här, ass de' Joffer är Dûochter? Gôt net be'ss, ech hât hir Verwöllepong.
Madam: Nun he'er e Mönsch.
Le'ne': Elô le'ere mör dèn Ängel emôl können.
Majo'er: Dât ass äng Ligen! Credié.
Hopsa: An et ass och äng Ligen!
Pomâd: (zum Hopsa) Wât, dir hûot mer dach sälwer de Bre'f vun er brûocht?
Majo'er: Wo' ass dä Bre'f?
Pomâd: Dô hûot der en.
Majo'er: (Kukt de Bre'f) Bedroch, dât ass onsem Bebchen seng Schröft nôt. Credié.
Madam: (kukt de Bre'f) Dach et ass seng Schröft.
Le'ne': Jô, gewöss!
Hopsa: Ganz söcher.
Majo'er: Nondibum, et ass se nôt. Ech wärt dach menger Dûochter hir Schröft können (en hölt e Portefeuille eraüs). Hei ass e ganze Pâk Bre'wen, de' et mer deschriwen hûot, ech wärt dach seng Schröft erkänner, Donner an Tonnerre.
Madam: (kukt) Dât elo ass onsem Fritz seng Schröft.
Majo'er: (zum Hopsa) Wât? Däng?
Hopsa: Dât könnt gut sin, Mononk.
Madam, Le'ne': (lâchen hârt).
Majo'er: Donner an Tonnerre, der Jômer verste' dât elô.
Hopsa: An et ass glât nôt eso' schwe'er. D'Cousine Bebchen go'f mir hir Bre'wen un èr Adräss, dat ech se soll besüorgen. Ecl wosst, dass der Gäld ne'deg wärt, du hun ech d'Bre'wen ôfgeschriwen, e Wûot hanne beigepächt, e pûor Pobeierscheiner derzo' an dann an d'Post.
Majo'er: Fritz! Dât hûos du gemäch? Credié.
Pomâd: Dann ass döse Bre'f âwer fum Bebchen.
Hopsa: Jô, mais un de Papp adresse'ert, d'Bebche go'f mir e fir ze besüorgen, du dûocht ech.

Pomâd: An dir hûot du eso' de Gäck mat mir gemâcht?

Hoksa: Mat Verlaf jô!

Pomâd: Oh wât e Lâdri sit der. Nu jê, öch hu jô mei Beweis: d'Joffer Bebchen sôzts nach an der Kutsch, an dât bâsch Zêchen dat se mer gère gefollegt hûot, ass dât hei: se hûot de' ganz Zeit iwer geschlöf.

Hopsa: Mais da lôsst et erop fe'erien.

Madam: (zu de Baueran) Brengt de' Perso'n aus der Kutsch erop. (Baueran ab.)

Hopsa: Eso' dir Herrschaften, èn Ament Gedold.

8. Scène.

(De' Vireg. D'Bebchen aus N° 1.)

Bebchen: Wât ass elei lass?

Majo'er, Madam, Le'ne', Pomâd: Oh d'Bebchen!

Hopsa: Dô ass et jô!

Bebchen: Wat stit der allegûor dô ewe' Zockermännercher, wât hun ech Apârtes u mer? Et soll è mengen. . . .

Madam: Wôrs de nôt an der Kutsch?

Le'ne': Wollt e nôt fort mat der?

Pomâd: Hûot der nôt geschlöf?

Majo'er: Hûos de de' Bre'wen hei nôt geschriwen? Credié.

Bebchen: Em Gotteswollen, wât soll dât häschen?

Hopsa: D'Antwort op all de' Frôen kömmt schon d'Trâp erop.

9. Scène.

(De' Vireg, de Lantsem.)

Lantsem: (mat de Baueran, en hûot nach de Pudermantel, d'Hauf an de Voile un. — Baueran ab.)

Hopsa: Elei kömmt d'Primadonna aus der Kutsch.

Madam: Ass dât se? . . .

Majo'er: Donner an tonnerre, soll dât e Mêdchen sin.

Le'ne': Et ass d'Kémôd!

Madam: Dât ass mäng Nûtshauf.

Majo'er: De' ârem Perso'n ass ausser Otem. (De Lantsem ass lâos a lâos nô vir gesto'ss gin).

Le'ne': Abè, ech si virwötzeg, fir dem Här Pomâd sei Gûze bewonneren (ze't de Voile erôj). Papp!!

Madam: Mei Mann!!

Majo'er: Bruder! Credié!

Bebchen: Mononk?

Pomâd: Här Lantsem?

Hopsa: (ze't d'Bebchen um Rack a reift söch d'Hann): Wât sê's de zu mängem neie Witz?

Bebchen: Sturrah!

Lantsem: (kukt öm sech).

Madam: Em Gotteswollen, Thimote'e, wât ass dât?

Le'ne': Papp, wât hèsch't dât elô?

Majo'er: Bruder, Donner an Tonnerre!

Lantsem: (wärft alles ewäch.) Kanner, wien hätt dât nach gedûocht, bei mängem âlen Dâg?

Majo'er: We' ass dât da kommen? Credié.

Madam: E wärt et sälwer nöt wössen.

Lantsem: Ech wäss et bâsser ewe' mer le'f ass. Ech hun et nömmme gedun fir iech, mäng Dauf.

Madam: Fir möch?

Lantsem: Nömmme, wäll ech iech ganz giéren hât.

Madam: Mais ech sollt dach söcher nôt entfe'ert gin?

Lantsem: Dach, dach, frôt de Fritz nömmen.

Madam: Ass dè Sâtan vu Fritz erôm derhanner?

Lantsem: En ass âwer des Ke'er onschölleg, ech hun iech jo sélwer jeitzen he'eren.

Madam: An dât gät iech neischt un.

Lantsem: T'ass och wo'er, dât gät mech neischt un.

Majo'er: Hât dîr da wîrkelech gejaut, Schwe'esch?

Madam: Nén, et wôr onst Le'ne'.

Le'ne': Oho, Mamm, dîr hûot am härste gejaut.

Majo'er: Mais wo'erâwer dann? Credié.

Madam: Kräsch hun ech gedun iwert dât ondugent Steck Fläsch elei (weist op de Fritz). Dèn ass nömmen op d'Welt komm fir mech an den Affront ze sätzen. Kê Dâg me' darf en am Haûs bleiwen. He'ers de Neveu.

Hüöl dei Geld, bestiöd dech mam Bebchen, äwer komm
mir nöt me' önnert d'Aen. (Ab nō N° 5.)

Hopsa: Gewöss Matant, à la bonne heure, ech hüole mei
Geld, ech bestiöde mech mam Bebchen (*en hält et öm
d'Taille*) an hop a fort gät et onser Wé. (*En zelt et mat
sech.*)

Bebchen: (wiert sech) Cousin, sit dir bei Verstand?

Hopsa: Gewöss. Du bass an du bleifs meint. Mängs du, dei
Papp hätt äppes derg'nt? Kän Dubbel! Elo gät et è
Rass bei den Här. Allez hop an hopsa. (*E gët mat em
durch N° 3*).

Majör: Donner an Tonnerre, elô muss ech en äwer nögöen,
soss entfe ert de Borschit mer et dach. E soll et jô kre'en,
äwer mat Geschoek, en ass zevill e bräwe Kiere! (*ab
nō N° 3*).

Le'ne: Här Pomäd, ech hoffen der bekäppt, dat bei mir
käng Seid me' fir iech ze spannen ass. Nô dêm, wât elei
passe'ert ass, wârt wiol kaum ên am Haus sin, dën iech
mösst, wann der ärer Wé git (*ab nō N° 1*).

Pomäd: Här Lantsem, duofir get dir mer Rechenschaft.
Dén Affront dé mir elei passe'ert ass, an durch iech. . .

dât bleibt nöt dobei! Mir rechne ach!

Lantsem: Wann der rechne wollt, mäng Fra hüot sech
önnmer öni ons Rechnonke bekömmert. A wann der
Klappes gelöscht, dann hu mer jô mei Bruder, die Ma-
jö'er, den hüot neischt lewer ewe' Rappen a Krich.

Pomäd: D'ass nöt derviert. Ech muss we'nt mänge Ge-
schäften hannescht an d'Städt, äwer et kömmt eng Zeit,
dô wârt der dën elei kârne le'eren (*ab nō N° 3*).

Lantsem: Dô ass e gläten. An der Kutsch tröllt e mat mer
durch Döck an durch Dönn, an da giff e gären hannenô
nach Kome'de' mâchen... Elo ass e font, Gott sei Dank,
an de' äner och... Ändlech get et Ro':.. Nô es' enger
Nächtt... Ändlech (*e sützt sech mötten op d'Bühn.*)
Bon soir allegföör... Ändlech (*En enneipi*).

RIDO.